sollen no ënnen drécken, datt déi 10% ze vill sinn, mä et huet kee gesot, datt mer sollen op null fueren. Keen een! An ech och net an och keen anere Member vun der Regierung. D'Wuert Moratoire ass gefall, dat ass sécherlech e gudde Schrëtt à ce stade-ci. Wéi am Endeffekt déi Gewiichtung vun 10% no ënnen ausgesäit, dat muss ee kucken.

Et kann net sinn, datt, wa mer dat kucken am Detail an eis do festleeën, duerch subventionéiert Exportelementer an deem spezifesche Beräich do och d'Saachen op d'Kopp gehäit ginn, well an deem Beräich nach méi wéi an aneren déi Subventioune fir den Export alles erëm futti maachen. Am Zweifelsfall muss d'Ernährung Prioritéit hu virun allem, wat mat Agrarsprit ze dinn huet. An, fir en neutraalt Beispill ze ginn: Et kann dach net sinn, datt d'Mexikaner sech keng Tortilla méi kënne leeschten, well an Amerika de Mais an den Tank gehäit gëtt - fir e Beispill ze huelen, wat näischt mat Europa ze dinn huet.

An deem Zesummenhang ass och en Opruff un d'Bescheidenheet vun der Weltbank a vum FMI lancéiert ginn. Ech sinn net den Affekot vun der Weltbank a vum FMI an och net dofir do, fir déi ze verdeedegen. Et si sécher eng Rei Politiken an deene leschte Joren do gemaach ginn, déi net zu deem gefouert hunn, zu deem se sollte féieren, nämlech datt den Développement verbessert gëtt an datt d'Saache sech zum Gudde wenden. Duerfir si jo och déi faméis klassesch Programmes d'ajustement structurel eppes, wat an där Form net méi imposéiert gëtt.

An d'Weltbank, déi elo mat méi Bescheidenheet optrëtt, den FMI, dee mat méi Bescheidenheet optrëtt, hunn awer net mat deem Mea culpa ugefaangen - dat wëll ech och der Komplettheet halber soen -, wou déi Kris elo ausgemaach ass. D'Weltbank huet nämlech den 19. Oktober 2007 hir Politik, wat d'Ausriichtung vun der Landwirtschaft ubelaangt am Kontext vum Développement, revidéiert, andeem se e Rapport publizéiert huet, deen intituléiert ass: «L'agriculture au service du développement».

Ech géif virschloen, datt mer eis dee Rapport an der Chamberskommissioun géifen eng Kéier zu Gemitt féieren an datt da jiddferee kann en connaissance de cause soen, wat hie vun där neier Politik am Agrarberäich vun der Weltbank, déi elo scho sechs Méint al ass, hält, a mer eis dann och par rapport zu deene géife positionéieren.

Här President, et bleift mer ze soen, datt, wa mer positiv Resultater hunn, wann dee Rapport vum CAD 2008 positiv ausfält, dat och ass, well 2003 e Rapport gemaach ginn ass, dee schonn eng ganz Rei positiv Elementer, vill positiv Elementer opgelëscht huet, datt mer dorobber konnten opbauen, datt mer konnten op den Input vun der Chamber opbauen, datt mer konnten op den Audit organisationnel opbauen. Dat Ganzt ass also, vun 2000 an nach vu méi fréi un erop gesinn, eppes, wat een an der Kontinuitéit ze gesinn huet.

Ech si frou, datt dee Konsens, wat d'Stoussrichtung belaangt, weiderhin hei besteet. Ech stinn zu all Moment zu Ärer Verfügung, fir iwwert d'Modalitéiten ze diskutéieren.

D'Strukture sollen iwwerduecht ginn. Meng Propositioun ass, datt mer wéi gesot eng Reflexioun iwwert d'Kooperationsgesetz lancéieren op den Assisë vun der Kooperatioun. Ech wäert och net deen Dag komme mat engem Projet vu menger Säit aus a soen, ech mengen, hei muss elo geännert ginn an do muss geännert ginn. Ech wëll fir d'éischt nolauschteren a mech dann determinéieren.

En aller-, allerlescht Wuert, Här President: Ech hu virdru geschwat, datt zwielef Milliarde géifen iwwer Lëtzebuerger Fongen a Mikrofinanzinstitutioune vun den Entwécklungslänner investéiert ginn. Schéi wär et, leider ass et net esou. Ech hat mech am Komma verdinn. Et sinn nëmmen 1,2 Milliarden, mä wat net ass, ka jo nach kommen. An e puer Joer sinn ech iwwerzeegt, datt mer mat där Politik, déi mer maachen an der Mikrofinanz an déi hir Friichten dréit, datt mer mat där Politik, déi mer wëlle maachen am Kontext vun der Philanthropie zousätzlech Gelder fir d'Entwécklung genéréieren, esou datt déi Zuel vun zwielef Milliarden an e puer Joer ganz sécher richteg ass.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Regierung.

Mir si konfrontéiert mat zwou Motiounen, déi déposéiert gi sinn.

Motion 1

Déi eng vun der Madame Arendt ass ënnerschriwwe vun alle Gruppen a Sensibilitéiten. Kënne mer déi par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wie mat där Motioun d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dass dat d'Unanimitéit ass. Domat ass déi Motioun ugeholl.

Motion 2

Dann hu mer nach d'Motioun, déi vum honorabelen Här Braz déposéiert ginn ass. Do denken ech, dass d'Unanimitéit vläicht net esou grouss ass.

Den Här Braz huet d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Den Här Minister huet de Virschlag gemaach, fir op d'Assisen ze verweisen, déi solle stattfannen, fir sech da mat där doter Fro ze beschäftegen. Ech ka mat deem Virschlag vum Minister d'accord sinn. Mir proposéieren, den Text dann och an där vun him proposéierter Versioun virzedroen. Dat wär, wann ech hie gutt verstanen hunn, méi e kuerze Considérant. Do steet et also just als Éischt: «considérant que la loi sur la coopération date de 1996», esou dass mer déi aner zwee à ce stade emol géife vergiessen.

Bei deenen zwee Considérante géife mer als eenzegen Invite hunn: «invite le Gouvernement à lancer aux Assises de septembre une réflexion sur l'opportunité» - an da musst Der mer hëllefen - «de réinsérer...»...

Une voix.- De réviser!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- ...«...de réviser» - pardon - «la loi sur la coopération». Dat zitt et also méi breet. Et huet, fir éierlech ze sinn, mat deem Punkt, deen eis haut wichteg war, net méi allze vill ze dinn. Ech considéréieren, dass dat e Bestanddeel dovunner ass. An deem Sënn si mer bereet, dat als Kompromëss ze akzeptéieren.

M. le Président.- Jo, Här Braz. Dir hutt net nëmmen Hëllef noutwendeg, mä d'Présidence och - an d'Administratioun virun allem -, fir hei d'Texter ze kréien.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Ech ginn lech den Text. Ech hunn elo dem Minister seng Notë geholl, mä ech ginn lech den Text. Dat ass kee Problem.

Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés,

- soulignant la nécessité d'une cohérence des politiques accrue en matière de politique de coopération;

- considérant que la loi sur la coopération date de 1996;

invite le Gouvernement

- à lancer aux Assises de septembre une réflexion sur l'opportunité de réviser la loi sur la coopération.

(s.) Félix Braz, Claude Adam, Camille Gira, Henri Kox, Viviane Loschetter.

M. le Président.- Weess dann elo jiddfereen, iwwer wat mer ofstëmmen?

(Assentiment)

Dann ass et gutt.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Bal jiddfereen.

M. le Président.- Da stëmme mer par main levée of, wa jiddfereen dat en connaissance de cause mécht.

Vote

Wie mat där Motioun d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, mat gewësse Bedenken ass awer eng ganz grouss Majoritéit vun den Deputéierten d'accord.

2. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, et ass elo kuerz no hallwer siwen. Mir hate geplangt, eis Aarbechte géife bis hallwer siwen daueren. Mir hunn awer elo nach zwee Projeten um Ordre du jour. Vu dass am Virfeld net signaléiert gi war, dass déi Sitzung hei iwwer hallwer siwe géif erausgoen, wëll ech d'Chamber froen - well ech weess, dass eng Rei vu Kolleegen heibanne sinn, déi Obligatiounen ugeholl hu fir elo -, ob mer nach déi zwee Projeten elo duerchzéien oder ob mer déi vertagen.

Wat ass d'Meenung vun de Fraktiounen?

Une voix.- Deen een dauert méi laang.

M. le Président.- Also et wäert fir ongefëier eng Stonn sinn.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Wann et wierklech esou ass, da Jo.

M. le Président.- Jo, Här Bettel, ech kann dat net soen. Ech kucken dat, wat ech hei agedroe kréien. Zum Beispill beim liberale Grupp weess ech ni, wéi laang dass et dauert, well do ni eng Zäit ugi gëtt. Bei anere stëmmen awer och net ëmmer d'Zäiten, déi ugi ginn. Duerfir frot net d'Présidence, si soll lech soen, ob dat elo op d'Minutt prezis stëmmt. Den Här Goerens huet d'Wuert gefrot.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Mir haten aus Prinzip léiwer keng Angabe ginn, wéi eng falsch. Duerfir hu mer net ëmmer d'Zäit annoncéiert, déi mer brauchen.

M. le Président.- Gutt. Wat ass dann elo d'Meenung vun der Chamber? Solle mer déi zwee Projeten nach haut huelen?

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Här President!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Et misst ee vläicht d'Froen op muer verleeën.

M. le Président.- Här Minister, wann ech gelift.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Här President, d'Chamber mécht natierlech wéi se wëllt. Ech wëll se just drop opmierksam maachen, dass ech zwou Saachen ofgesot hunn, fir heihinner ze kommen. Beim Projet vum ILNAS geet et ëm e relativ technesche Projet, wou ech héieren hunn, dass awer gréisstendeels Accord an der Kommissioun wier. Duerfir kéinte mer deen awer huelen. Also, ech hunn net vill bäizefüge bei deem, wat hei am Rapport steet.

Une voix.- An deen anere fir muer.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- An d'Votum fir muer.

M. le Président.- Jo, mir waren eis eens ginn, dass mer déi Saachen net géifen trennen. Wa mer Präzedenzfäll hei schafen, da komme mer all Kéiers dorobber eraus.

D'Fro ass: Zéie mer déi zwee Projeten duerch, jo oder neen?

Une voix.- Jo!

M. le Président.- Här Wolter, wann ech gelift.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Ech wëll soen, ech gesinn e Problem, well um hallwer aacht ass eng Versammlung, an där wierklech eng ganz Rei vun eisen Deputéierten derbäi sinn. Duerfir wiere mir eis net dergéint, dass mer déi zwee Punkten diskutéieren. Ech wär allerdéngs frou, wann dann de Vote kéint muer stattfannen. Well et soll ee jo och net déi Leit pénaliséieren, déi awer permanent hei sinn. Et war wierklech net gesot, dass no hallwer siwe géif getagt ginn, soss hätt ee seng Dispositioune kënnen aneschters huelen.

Une voix.- Très bien!

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Wann dat vläicht e Kompromëss ausnahmsweis eng Kéier wier, Här President, da kéint dat eis Satisfaktioun ginn.

M. le Président.- Ech spieren, Här Wolter, dass heibanne vill Sympathie fir Är Kompromëssléisung do ass.

(Hilarité)

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Och mir soll dat emol passéieren.

(Hilarité)

M. le Président.- Da maache mer et deementspriechend. Mir diskutéieren déi zwee Projeten. Dat arrangéiert jo och eise fréiere Kolleeg a jëtzege Minister Jeannot Krecké. Mir maachen d'Votë muer am Ufank vun der Sitzung um Punkt dräi Auer.

Dann huet elo d'Wuert de Rapporteur vum éischte Projet de loi. Dat ass den honorabelen Här Castegnaro.

3. 5516 - Projet de loi

- relatif à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services et à la création d'un cadre général pour la surveillance du marché dans le contexte de la commercialisation des produits,

- modifiant * la loi modifiée du 17 mai 1882 sur les poids et mesures, * la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes et accises, * la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique, et * la loi du 31 juillet 2006 relative à la sécurité générale des produits, et

- abrogeant la loi du 22 mars 2000 relative à la création d'un Registre national d'accréditation, d'un Conseil national d'accréditation, de certification, de normalisation et de promotion de la qualité et d'un organisme luxembourgeois de normalisation, modifiant la loi du 14 décembre 1967 portant institution d'un poste de Commissaire du Gouvernement, portant création d'un Service de l'énergie de l'État, et concernant l'exploitation des centrales hydro-électriques d'Esch-sur-Sûre et de Rosport

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären,...

M. le Président.- Ech bieden ëm Opmierksamkeet fir de Rapporteur!

Chamber TV
weist all öffentlech Sëtzung
live an integral
mat enger Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur.*- Merci.

...de Kontrast zwëschent den Ausféierunge vun haut de Mëtteg, besonnesch deem, wat de Kooperatiounsminister iwwert d'Entwécklungshëllef an iwwert de Misär an der Welt gesot huet, an der Diskussioun an dem Vote iwwert dat sougenannt ILNAS-Gesetz kéint net méi grouss sinn. D'Aarmut do, den Iwwerfloss hei. An dach och hei déi berechtegt Suerg, dass an eiser Iwwerfloss- a Konsumgesellschaft d'Produkter eis net solle krank maachen an d'Ëmwelt net sollen zerstéieren.

Zu deem Projet de loi, dee mer haut sollen diskutéieren an ofstëmmen, wéilt ech e puer grondsätzlech Bemierkunge maachen, ier ech op déi wesentlech Eenzelheeten an op d'Aarbechte vun der Kommissioun aginn. Ech wëll direkt ënnersträichen: Dee Projet ass komplex a komplizéiert, mä en ass wichteg an noutwendeg.

Am Mëttelpunkt vun deem Projet geet et ëm e ganzt Regelwierk iwwert d'Informatioun, de Suivi, d'Kontrollen, d'Strofen an esou weider, mam Zil, villfach Interessen ze vertrieden an ze verdeedegen, woubäi et virrangeg ëm d'Konsumenten, ëm d'Gesondheet, ëm d'Ëmwelt geet. Et geet drëm, Rechtssécherheet ze schafen, mä et geet awer och drëm, wirtschaftlech Interessen ze vertrieden. Et geet drëm, d'Konkurrenzproblematik net ze vergiessen.

Bedeitend ass, dass mat dësem Gesetz éischtens e grousse Schrëtt a Saachen administrativ Vereinfachung gemaach gëtt.

Zweetens, d'ILNAS gewährleescht, dass de Stat oder d'öffentlech Hand weiderhin eng bedeitend Roll wäert spillen, statt eng total Privatiséierung, wéi de Statsrot dat suggéréiert hat.

Drëttens, d'Bedenke vun Eenzelnen am Zesummenhang besonnesch mam Officier de police judiciaire - also dem OPJ -, dass mat deem ILNAS-Gesetz e weidere Schrëtt a Richtung vu méi Polizeistat kéint gemaach ginn, si menger Meenung no och entkräftegt ginn. Et ass nun eemol esou, dass ee Kontrollen a Strofe brauch, och wann ee wëllt e preventive Charakter domat erfëllen.

Véiertens, mam ILNAS-Gesetz gëtt et Koordinatioun an Effizienz, ouni mussen oder ouni wëllen ze schikanéieren an Abusen ze maachen. Et geet ëm d'Sécherstellung bei der Vermaartung vu Produkter a Produktsécherheet zu Lëtzebuerg, mä iwwer Lëtzebuerg eraus och am europäesche Bannemaart.

Zum Historique vum Projet de loi 5516 iwwert den ILNAS - iwwert den Institut Luxembourgeois de la Normalisation, de l'Accréditation et de la Sécurité des produits et services - sinn e puer wichteg Daten ze soen. Den Dépôt vun deem Projet de loi war de 16. November 2005. E gemeinsamen Avis - Chambre de Commerce a Chambre des Métiers - gouf et den 9. Mee 2006. Den éischten Avis vum Statsrot ass vum 28. November 2006. Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass vum 29. März 2007.

D'Komplexitéit vun der Matière ergëtt sech, wann ech soen, dass opgrond vun dësen Avisen d'Chamberskommissioun den 20. Abrëll 2007 net manner wéi 44 Amendementer ausgeschafft huet a se un de Conseil d'État weidergeleet huet. Den éischten Avis complémentaire vum Conseil d'État ass den 23. Oktober 2007 komm. Doropshin huet eis Chamberskommissioun am Dezember d'lescht Joer nach eng Kéier 20 Amendementer ugeholl, an de Statsrot huet dës Amendementer a sengem zweeten Avis complémentaire vum 19. Februar an dësem Joer positiv aviséiert.

Et gouf nach e Bréifwiessel zwëschent dem Wirtschaftsminister, der Chamber an dem Conseil d'État. Domat konnte mer dann an eiser Chamberskommissioun den 20. März eise Rapport diskutéieren an och unhuelen.

Wéi Der aus dem Oflaf erkenne kënnt, ass an deene bal zwee an engem hallwe Joer zënter dem Dépôt vum Projet de loi ganz vill an dësem komplexe Projet geschafft ginn. Et géif d'Rumm vun der Riedezäit sprengen, wann een all déi Diskussiounen, déi an der Kommissioun gefouert gi sinn, hei am Detail wéilt erëmginn. Ech wéilt awer elo schonn hei profitéieren, fir all deenen, déi an der Kommissioun matgeschafft hunn, en décke Merci ze soe fir hir Gedold an hir Ausdauer.

Wéi gesot, den Text, deen initialement 29 Artikele gezielt huet, ass net wéineger wéi u 64 Stellen amendéiert ginn. Domat net genuch: Et si ganz Kapitelen a Sektiounen derbäikomm, anerer sinn ewechgefall. Eng Rei Artikele sinn och auserneegeholl ginn an op verschidden anere Plazen erëm bäigefügt oder erëm agebaut ginn.

Bref, den Text, wéi en 30 Méint no sengem Dépôt elo erauskënnt, huet nach ganz wéineg mat deem Text ze dinn, deen am November 2005 an der Chamber deponéiert ginn ass. Duerfir géif et och wéineg Sënn maachen, elo déi laang a komplizéiert Debatten hei ze widderhuelen an op eenzel Artikelen anzegoen.

Stattdesse schéngt et mer sënnvoll ze sinn, den Texte coordonné als Ausgangsbasis ze huelen, fir d'Ziler vum Gesetz ze erklären, op déi institutionell Aspekter anzegoen an eppes zu de Mëttelen ze soen, mat deenen d'Gesetz um Terrain ëmgesat soll ginn.

An dësem Rumm wäert ech dann op e puer Knackpunkte vum Gesetz agoen, déi der Kommissioun besonnesch vill Kappzerbrieches bereet hunn an déi et wäert sinn, hei am Plenum nach eng Kéier opgeworf ze ginn.

Zu den Ziler vum ILNAS-Gesetz Folgendes: Mat dem Gesetz sollen déi institutionell Viraussetzunge geschafe ginn, fir d'Sécherheet an d'Qualitéit vu Wueren an Déngschtleeschtungen ze garantéieren, an dat am Interessi vum Verbraucherschutz.

Ausserdeem geet et ëm d'Verbesserung vun der Wettbewerbsfäegkeet, andeems de fräie Wuereverkéier an den Technologietransfert duerch eenheetlech technesch Standarden an eng gemeinsam Terminologie erliichtert ginn.

Den ILNAS wäert an enger eenzeger Verwaltung - dat ass wichteg -, déi dem Wirtschaftsminister ënnerstallt ass, eng Rei vun Aufgaben iwwerhuelen, déi bis elo op vill verschidde Verwaltungen a Ministërë verdeelt waren.

Zu deenen Aufgabe gehéiert éischtens d'Normalisatioun, dat heescht d'Ausaarbechtung, d'Veröffentlechung an d'Uwendung vun Normen, fir dass den Notzer, de Benotzer vu Wueren an Déngschtleeschtungen zum Beispill d'Qualitéit dovu vergläiche kann oder och feststelle kann, ob seng Sécherheet bei der Notzung dovu garantéiert ass.

Dat Gesetz garantéiert och den interesséierte Gruppen, un der Ausaarbechtung vun neien nationalen Norme bedeelegt ze ginn. Ausserdem vertrëtt den ILNAS d'Interesse vu Lëtzebuerg an den europäeschen an internationale Gremien, déi sech mat der Normaliséierung befaassen.

Zur Normalisatioun gehéieren och d'Gestion de veille normative, dat heescht de Suivi vun der Entwécklung vu bestehenden Normen, an deen dann och doriwwer informéiert gëtt, an nieft der Gestioun vun der Veille normative och d'Promotioun an d'Bereetstellung vun Normen. Dorop kommen ech dann nach eng Kéier zréck.

Zweetens, d'Akkreditatioun. Fir dass d'Zouloossung vu Kontroll- an Zertifizéierungsinstanzen, wéi zum Beispill d'Société nationale de certification et d'homologation - SNCH - oder Luxcontrol oder LuxTrust, ka fonctionnéieren, musse se akkreditéiert ginn. D'ILNAS mellt dat bei der Europäescher Kommissioun a bei aneren EU-Staten, fir matzedeelen, wat fir eng Zertifizéierungsinstanze bei eis am Land zougelooss sinn. Dës Noutwendegkeet ergëtt sech aus der sougenannter Method vun der „nouvelle approche".

„Nouvelle approche" bedeit, dass déi Direktiven, déi zënter 1985 am Beräich vun der technescher Harmoniséierung erlooss gi sinn, net méi all technesch Merkmale vun engem Produkt bis an de leschten Detail harmoniséieren, mä sech op déi wesentlech technesch Kritäre beschränken.

Gläichzäiteg hu sech d'Mitgliedstaten op eng géigesäiteg Unerkennung vun de jeeweilegen nationalen Zertifizéierungsorganisme verstännegt. Domat ass also d'Zertifikatioun duerch d'Organismen EU-wäit unerkannt an déi Lëtzebuerger Organisme musse sech ebe beim ILNAS akkreditéiere loossen. Den ILNAS erëm mellt dat da bei der Europäescher Kommissioun a bei deenen anere Staten. Esou kënnen déi zu Lëtzebuerg ausgestallte Certificaten an der ganzer EU unerkannt ginn.

Folgerichteg gëtt dann och den ILNAS vum Gesetzgeber mat der Verwaltung vum Registre national d'accréditation a vum Recueil national des auditeurs qualité et techniques beoptraagt.

Drëttens, d'Iwwerwaachung vum Maart. Den ILNAS iwwerwaacht, ob Wueren an Déngschtleeschtungen, déi hiergestallt oder um Maart ugebuede ginn, de gesetzlechen Ufuerderunge genügen. Ech erënneren un d'Spillsaachen, déi aus China kommen, an all dee Misär do ronderëm.

Do gehéiert et also schonn zu der Aufgab vun der Iwwerwaachung, ze kontrolléieren, ob d'Wueren de geltende Sécherheetsufuerderungen entspriechen oder net, an dat ze identifizéieren a gegebenenfalls vum Maart ze huelen.

Et geet hei och ëm d'Valeur, wann een esou wëllt, vun der Zertifikatioun CE, wat op de Produkter steet a wat muss am Aklang stoe mat der beschter Qualitéit a Sécherheet.

Den Artikel 3, Paragraph 4 vum Gesetz regelt am Eenzelnen, a wat fir enge Beräicher den ILNAS fir d'Iwwerwaachung vum Maart zoustänneg ass.

Fir ze veranschaulechen, wéi vill Produkter op de Maart kommen, déi net den Normen entspriechen, soll hei op déi Zuel higewise ginn, déi d'Verbraucherschutzkommissarin Kunewa leschte Méindeg genannt huet. 2007 si bei der Kommissioun iwwert de RAPEX-System méi wéi 1.600 Geforewarnungen erakomm an erausgaang. Oder aneschters gesot: All Dag gëtt et véier bis fënnef Produkter, déi entdeckt ginn, déi eng Gefor fir d'Sécherheet an d'Gesondheet vum Konsument duerstellen. Dat weist, wéi wichteg d'Iwwerwaachung vum Maart ass.

Véiertens, d'Koordinatioun vun den Autoritéiten, déi fir d'Iwwerpréiwung vun den „bonnes pratiques de laboratoire" vun der OCDE zoustänneg sinn. Do geet et drëm, dass all Laboratoiren an der EU déi gläich Standarden hunn, fir Analysen ze maachen, fir dass een dat ka wierklech matenee vergläichen.

Fënneftens, d'Gestioun vun der Konzessioun fir d'Elektriker.

Sechstens, d'Métrologie légale, also alles wat mat Miessinstrumenter, Miesstechniken a Moosseenheeten ze dinn huet.

Siwentens, Initiativen zur Förderung vun der Qualitéit a vum Qualitéitsbewosstsäin.

Fir all déi Aufgaben ze erfëllen, hu bis elo eng Villzuel vun Acteure matgespillt. Fir dass dat ebe méi effikass ka ginn, soll et elo an enger eenzeger Verwaltung gemaach ginn, an engem eenzegen eenheetleche Rumm, an deem sech eben d'Normalisatioun, d'Akkreditatioun an d'Iwwerwaachung vum Maart an Zukunft bewegen. Dat ass dann dee konkreten, gräifbare Bäitrag zu där ëmmer erëm zitéierter Simplification administrative.

D'Verwaltungen an Organismen, déi elo ënnert dem Daach vum ILNAS zesummegeluecht ginn, sinn: den OLAS (Office luxembourgeois d'accréditation et de surveillance), deen haut scho beim Ministère de l'Économie ass, dann de Service de l'Énergie de l'État an de Service de Métrologie. Déi dräi Servicer, dat sinn insgesamt - wann ech mech net iren - 24 Persounen, déi do mat eriwwergeholl ginn.

Dann iwwerhëlt den ILNAS nach eng Rei vun Aufgaben, déi bis elo vun anere Ministèren a Verwaltunge gemaach gi sinn, wéi d'Kontroll vun de Spillsaachen, wat d'ITM ëmmer war, oder d'Kontroll vun der Sécurité générale des produits, wat de Ministère de l'Économie war.

Mä an de meeschte Secteure gëtt weiderhi vu Verwaltungen a Ministërë kontrolléiert, déi sech spezialiséiert hunn, déi also Sachkompetenz hunn, wéi d'Gewerbeinspektioun bei allem, wat Sécherheet op der Aarbechtsplaz ass. Dann d'ASTA an der Landwirtschaft, d'Santé an de Kantinen zum Beispill.

Eis Kommissioun war net d'accord, esou wéi de Statsrot et gefrot huet, dass den ILNAS och soll d'Liewensmëttelkontroll iwwerhuelen. Mir waren der Meenung, dass dat sollt bleiwe wou et war.

Mä ervirzesträichen ass: D'Akkreditéierung vun all deenen Organismen, déi also als Zertifizéierungsinstanz täteg ginn, muss iwwert den ILNAS goen, mä wéi gesot net déi eigentlech Iwwerwaachung um Terrain.

D'Gesetz schaaft dann och e Conseil national pour la qualité, deen dem Wirtschaftsminister ënnerstallt ass; e Berodungsorgan. Iwwert dee Conseil sollen déi vum Gesetz betraffen Acteuren an d'Aktivitéite vum ILNAS agebonne ginn. Och soll de Conseil national Aktiounspläng zur Förderung vun der Qualitéit ausschaffen.

Beim Service de l'Énergie de l'État wollt ech just, ouni an den Detail hei awer elo anzegoen, drop hiweisen, dass dee jo de 14. Dezember 1967 geschaf ginn ass als national Normalisatiounsinstanz fir d'Regelung bei elektreschen Apparaten an Installatiounen a Konzessioune fir d'Elektriker.

Mä mam Gesetz hei an deem héijen Haus vum 1. August 2007 iwwert d'Organisatioun, d'Liberaliséierung vum Stroummaart hu mer de Service de l'Énergie de l'État kuerzerhand ofgeschaf - eppes ze schnell, wéi mer herno festgestallt hunn -, sou dass mer an e Vide juridique eragerode sinn. Et gouf e Projet de loi, de 5772, fir dee Vide juridique opzefëllen.

De Statsrot huet gemengt, dat géif wéineg Sënn maachen. Mir hunn dat elo an dee Projet de loi hei agebaut a wäerte réckwierkend déi Saach dann un d'Fonctionnéiere kréien.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Elo géif ech soen, Gott sei Dank ass keng Elektrikerkonzessioun néideg ginn an där Phas, sou dass dat dann am Endeffekt gutt ausgeet.

Ech wëll awer net vertuschen, dass de Statsrot a sengem éischten Avis bemängelt huet, dass a vill ze vill Froen de Projet deemools vag bliwwe wier an dass net kloer wier, wéi deen Institut seng Aufgab géif wouermaachen. Et huet him un enger Rei vu Kritären a Prozedure gefeelt. Dat war a sech eng zimlech haart Ausso.

Mä mir hunn an der Kommissioun de Projet de loi de fond en comble ëmgeschriwwen. D'Verfahrensweis, d'Kompetenze vun de Behörden, d'Prärogative vun den Untersuchungen, besonnesch mat de Beamten, also den OPJen, alles dat ass nei gemaach ginn. Domat menge mer hätte mer - an de Statsrot huet eis jo och duerno Recht ginn - dee prozedurale Rumm, an deem sech dat Gesetz beweegt, mat där noutwendeger Kloerheet a Rechtssécherheet ronnkritt.

M. le Président.- Här Rapporteur, Dir sidd 15 Minutten iwwert d'Zäit.

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur.*- Ass et wouer?

M. le Président.- Jo.

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur.*- Ech hunn nach zwou Minutten, da sinn ech fäerdeg. Da kënnt och kee vun der LSAP erop. Dat ass e fairen Handel, et muss jo jiddferee fort.

D'Regierung huet sech och, an dat soll een hei besonnesch ervirsträichen, schonn orientéiert un deenen Décisiounen, déi an enger éischter Liesung den 21. Februar 2008 um Europäesche Parlament getraff gi sinn zu deem Sujet.

Et geet do ëm permanent Upassungen un dës Reglementer. Mir hunn dat elo scho virgesinn. An insgesamt mengen ech, an dat muss een ëmmer erëm ënnersträichen, wa mer esou vill amendéiert hunn, dann eben, fir um leschte Stand der Dinge ze sinn.

Mir hunn eis an eiser Aarbecht natierlech och un d'Gesetz iwwert d'Securité générale des produits gehalen - dat vum 31. Juli 2006 -, wat hei gestëmmt ginn ass. Do hu mer eis orientéiert u Prozeduren a Kompetenze bei der Maartiwwerwaachung. Par ricochet musse mer natierlech elo och Änneruungen un deem Gesetz virhuelen, fir dass dat iwwereneekléngt.

Da gëtt et déi éiweg Ausenanersetzung iwwert d'Veröffentlechung vun den Normen. Do hat de Statsrot sous peine d'opposition formelle verlaangt, dass d'Vermaartung vun Normen de privaten Organisme misst iwwerlooss ginn an d'ILNAS nëmme mat der Veröffentlechung vun Normen ze beoptrage wier, déi aus Sécherheetsgrënn fir obligatoresch erkläert ginn.

Mir hunn dee Virschlag net iwwerholl, well mer der Usiicht waren, dass d'Verbreedung vun de Normen net eleng an den Hänn vu privaten Acteure leie sollt. Jiddferee kann awer Asiicht doran huelen. Mir veröffentlechen opgrond vun eisem Gesetz d'Normen net integral am Mémorial, mä hir Referenzen, an déi kann da jiddfereen nokucke goen. Si däerfe just net gratis kopéiert ginn; dofir muss ee bezuelen.

Da gëtt et dee Problem, deen ëmmer erëmkënnt, dee vun dem OPJ, also dem Officier de police judiciaire. Och do wëll ech aus Zäitgrënn nëmmen op d'Wichtegkeet vum Officier de police judiciaire hiweisen. Seng Ermëttlunge sinn entscheedend, wa prozesséiert muss ginn. Wann déi Roll net kloer ass, da ginn déi Prozesser an d'Box. Dann huet ee guer näischt geschafft. Do däerfen also keng prozedural Feeler geschéien.

De Statsrot werft dee Problem regelméisseg op. D'Ekonomieskommissioun huet duerfir, wéi aner Kommissiounen och, d'Regierung opgefuerdert, éischtens eng Lëscht mat all de Posten a Verwaltungen opzestellen, wou et den OPJ gëtt; zweetens sech kloer allgemeng gülteg Richtlinnen ze ginn, wann a welch Aufgabe vun deene Beamten iwwer-

holl ginn, déi de Statut vum OPJ hunn, an drëttens verlaange mer och, dass déi Beamte permanent déi néideg Aus- a Weiderbildung erhalen, fir hir Missioun korrekt ze erfëllen.

De Wirtschaftsminister huet dat am Kontext vum ILNAS bestätegt an och offréiert, dass déi Beamten, déi dorënner falen, regelméisseg a Formatioune ginn.

Da gëtt et Personalfroen, déi hei mat diskutéiert ginn. Et bleiwen déi administrativ a pénal Sanktiounen, déi bei Gesetzer esou virgesi sinn. Zu den administrative Moossnamen zielt d'Erlaabnis, viru geféierleche Produkter ze warnen, se virun der Ausliwwerung ze stoppen, oder se vum Maart zréckzeruffen, wa se schonn drop sinn.

Déi pénal Sanktioune beinhalte Strofe bis zu 125.000 Euro respektiv aacht Deeg Prisong oder béides zesumme fir dee Produzent, deen e Produkt, wat schlecht ass, bewosst op de Maart bréngt oder sech dergéint wiert oder munches ënnerhëlt, fir dass et net vum Maart ka geholl ginn.

Dir gesitt also schonn d'Komplexitéit vun deem Ganzen. Ech ginn dovun aus, dass jiddfereen heibanne souwuel de Projet de loi wéi de Rapport vun der Kommissioun intensiv gelies huet, an dass dat, wat ech hei versicht hunn, an deene puer Wierder ze erklären,...

(Interruptions)

...vläicht e bësse méi Transparenz a Verständlechkeet an dat Ganzt do erabréngt.

Ech wëll nach eng Kéier all deenen, déi direkt oder indirekt un deenen Aarbechte bedeelegt waren - an et war laang, an et war haart, an et war schwéier -, wéi gesot een décke Merci soen. Déi puer Minutten, déi ech iwwerschratt hunn, ginn dann duer, fir an engem Saz ze soen: D'LSAP wäert fir dat Gesetz stëmmen.

Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. De Konsens an der Chamber ass grouss. Elo kritt d'Wuert den Här Sauber.

Discussion générale

M. Marcel Sauber *(CSV)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Komplexitéit ass dat Wuert, wat e puermol hei gefall ass, a mat Recht. Dat do ass e Projet, dee verdammt komplizéiert ass.

(Interruption)

Gelift?

Une voix.- Da ginn ech.

M. Marcel Sauber *(CSV)*.- An duerfir géif ech dann och dem Rapporteur hei wëlle félicitéiere fir säin exzellente schréftlechen an och mëndlechen Exposé, deen hien hei gemaach huet.

Ech muss soen, déi Matière ze beherrschen, ass guer net esou einfach. Net nëmmen eleng vun der Villfalt hier, mä och vun der Technik.

Doriwwer eraus ass et eng Matière, déi politesch wéineg explosiv ass, vläicht och wéineg spannend, vläicht och net deen allergréissten Intérêt dobausse fënnt, mä et ass eng Matière, déi technesch interessant ass; et ass eng Matière, déi technesch noutwendeg ass; et ass eng Matière, déi wirtschaftlech en immens groussen Impakt huet.

Wann ech soe wirtschaftlech, da gesinn ech dat net eleng vun der Produktioun oder der Distributioun hier, mä och aus der Optik vun de Konsumenten. D'Wirtschaft also als Ganzt gekuckt.

De Projet, dee mer haut diskutéieren, stellt de generelle Kader duer, fir d'Kommerzialisatioun vun de Produkter an och fir d'Surveillance vum Marché. E begräift - am Stenostext - d'Normalisatioun, dat heescht d'Regelen, wéi Normen opgestallt ginn. E begräift d'Akkreditatioun, dat heescht, e gëtt eng Äntwert drop, ënner wéi enge Bedéngunge ka bescheinegt ginn, vun engem gewëssen Institut, deen dann Zertifikatiounsinstitut heescht, datt dee Produit, deen ech um Marché hunn, konform ass zu enger Norm. Dat ass eng komplizéiert Matière relativ einfach ausgedréckt.

Et geet ëm d'Sécuritéit. Et geet ëm d'Organisatioun vum Marché respektiv och d'Kontroll vun deem Ganzen. Et ass elo net, wéi wa bis haut näischt esou do gewiescht wär, et ass näischt Neies, an deem Sënn, dass mer schonn eng Gesetzgebung hunn, verschidde Reglementer hunn, well eben europäesch Direktive bestinn, déi a Lëtzebuerger Recht ëmgesat sinn. Hei kréie mer een neie Kader, fir dat Ganzt ze ëmrummen.

Et ass eng komplett Matière mat engem immense wirtschaftlechen awer och finanziellen Impakt, dee sech awer gradesou staark och an der Sécherheet erëmfënnt vun de Produkter, an der Kontroll vun der Sécherheet.

Virdrun ass d'Madame Kunewa zitéiert ginn, déi mer op Besuch hate virun zwee Deeg, déi eis och op déi Problemer opmierksam gemaach huet, déi bei der Kontroll kënnen opdauchen: Spillsaachen aus China, wat jo ee vun deene groussen Diskussiounsthemen déi lescht Zäit war, an dann och fir mat China eens ze ginn, fir datt si anescht solle produzéieren. Mä si hunn eis bestätegt, datt op d'Interventioune vun der Kommissioun a China iwwert deen dote Wee 29.000 Betriber, déi dat dote produzéiert hunn, zougemaach hunn.

Do gesäit een och déi wirtschaftlech Répercussiounen op déi ganz Saachen. Ech hunn elo China als Beispill geholl, mä dat doten hu mer och bei anere Produkter, déi kënne kontrolléiert ginn.

Haut weess jiddfereen, wat eng Norm ass. Vläicht och net. Firwat hu mer Normen? Wéi gi se opgestallt? Si se obligatoresch? Wéi verhält dee ganzen Normesystem sech an engem Land, tëschent eenzelne Länner, an der Communauté européenne an international global gekuckt?

Wann een et wëllt simplistesch ausdrécken, da soen ech: D'Norm entsteet am Fong op fräiwëlleger Basis, op Konsensus vu verschiddene Betriber, déi sech eben ofstëmmen: Wéi soll ee Produkt ausgesinn? Wat soll seng Qualitéit sinn, seng Dimensiounen, Toleranzen, Sécherheet an esou virun? Mä et ass net nëmmen eleng bei de Produkter; Norme gëtt et och haut bei de Servicer.

Handfest Interesse vun de Betriber spille selbstverständlech do mat. Esou datt déijéineg Betriber, déi bei der Norméierung mat derbäi sinn, zweifellos ëmmer am Virdeel sinn, fir ze kucken, datt hiert Produkt oder hir Norme kënne festgehale ginn.

Konsensus heescht, op nationaler Basis muss en Accord fonnt ginn, tëschent de Betriber fir d'éischt, dann am Rumm vun engem Land, wat normalerweis iwwer en Normungsinstitut geschitt. Dat schafft déi Normen dann zesumme mat de Betriber aus. Bis elo hu mer dat net gehat.

Dohier brauche mer et wahrscheinlech, wa mer wëlle selwer Norme maachen. Dohier brauche mer och Zertifizéierungsinstituter. Dat sinn déi, déi bestätegen, datt déi Normen agehale si fir dat Produkt. Dohier brauche mer dann awer och eng Akkreditéierungsplaz, déi bestätegt, datt déi Zertifizéierungsinstituter konform schaffen, datt se genügend équipéiert sinn an datt déi och kënnen d'Bedéngungen erfëllen.

Dat ass elo ganz einfach, simplistesch duergestallt. Mä et ass awer esou wéi dat fonctionnéiert, mat sämtleche Problemer, déi do dertëschent leien: d'Notificatiounen u Bréissel an esou virun. Well wat um éischte Stadium national geschitt ass, dat geschitt haut an engem anere Kontext och international.

Mä national war et virun enger ganzer Rei vu Jore jo esou, datt am Fong Normen an eenzelne Länner guer net openeen ofgestëmmt waren. Mir hate franséischer. Mir haten däitscher. Do dertëschent ass dann operéiert ginn. D'Norme waren am Fong souguer e protektionistesche Marché an der Zäit. Mä d'Erkenntnis koum dunn eben, datt de globale Marché, den internationale Marché d'Zukunft ass, datt ee sech da muss zesummesetzen a kucken, datt een d'Norméierung iwwert d'Land oder iwwert d'Communauté eraus mécht. Esou datt mir haut och international Normen hunn.

Déi Evolutioun bréngt dann awer och mat sech, datt eng ganz Partie Direktiven a Regelungen hu misse kommen, déi dann och an nationaalt Recht iwwergesat ginn. Dat mat Prozeduren an esou virun, déi dat doten alles net méi einfach maachen, mä wou mir hei elo net weider drop aginn.

EU-méisseg gesinn, géif ech soen, datt d'Normen haaptsächlech an d'Richtung ginn, fir dem Ofbau vun den Handelshemmnisser entgéintzewierken; also fir den Ofbau ze förderen. Et geet also an d'Richtung vun der Libre circulation des biens et services. Et geet och drëm, fir d'Normen international openeen ofzestëmmen, wou ech och ënner Normen dann technesch Virschréfte wëll gläichsetzen.

EU-wäit ass eng Prozedur virgeschriwwen, wéi dat do soll vir sech goen. Déi ass dann anzehalen. Déi berout och op géigesäiteger Unerkennung vun net nëmmen eleng de Prozeduren, mä och vun den technesche Virschréften oder vun den Normen, déi dann national akzeptéiert gi sinn. D'Resultat ass, datt mer haut international Normen an enger ganzer Partie vu Beräicher hunn; international Virschréften an och wéi dat Ganzt gehandhaabt gëtt, wat eng Ribambelle vun Direktive mat sech bréngt.

Dobäi dierfe mer dann net vergiessen: D'Norme sinn op fräiwëlleger Basis gemaach; och haut nach ëmmer. Si sinn also als solch net bindend. Si ginn am Fong eréischt bindend doduerch, datt een e Kontrakt mécht tëschent Betriber, Verwaltung a Betriber, Soumissiounen, wou een d'Conditions de marché bréngt. Si kënnen och bindend ginn, wann e Gesetz oder e Reglement kënnt, wou déi Virschréften iwwerholl ginn.

Den Avantage fir d'Betriber ass zweifellos d'Globaliséierung. De Marché gëtt méi grouss an de Marché gëtt international. Fir de Konsument ass den Avantage: Hie weess, wat hie keeft. Hie weess, datt säi Produkt, wat hie keeft, konform ass, wann CE zu där Norm dropsteet. Hien huet also eng garantéiert Mindestqualitéit, déi hie ka kafen. Et ass awer eng Sécherheet do iwwert deen CE-Label, deen do agefouert gëtt.

Den normale Wee also, fir eng Norm ze maachen, ass eigentlech deen: Et geet vum Betrib aus; um nationale Plang Concertatioun; Eenegung ënner Betriber; fräiwëlleg Ofkomme mat normalerweis engem Normeninstitut. Iwwert d'EU kënnt déi ganz Problematikmatdeelung: Wéini wëll ech esou eng Initiativ huelen? Dat heescht, datt d'Notificatioun u Bréissel an un déi aner Länner geet. Da kënne sech eventuell och, wann et derwäert schéngt am Kader vu Bréissel, den CEN - dat ass den Normeninstitut vun der Communautéit - oder de Cenelec - dat ass deen, deen am elektresche Beräich täteg ass - der Saach unhuelen. Da ginn d'Normen ausgeschafft.

Dann d'Zertifikatioun. Dat ass jo dann, wann d'Produktioun gemaach gëtt, wou vun engem Betrib certifiéiert gëtt, datt déi Normen agehale ginn. Mir hunn där Betriber hei zu Lëtzebuerg. Den Här Castegnaro huet der e puer opgezielt. Dat ass och eng Geschicht de gros sous, wann een et esou wëllt huelen.

Et ass eng Geschicht, wou mer Lëtzebuerg och kënnen dobausse verkafen, well een Artikel, deen hei konform certifiéiert ass, deen ass weltwäit och unerkannt comme tel. Dat bréngt beispillsweis mat sech, datt d'Japaner sech Deeler vun hiren Autoen hei zu Lëtzebuerg certifiéiere loossen. Firwat hei zu Lëtzebuerg? Vläicht si mer méi bëlleg, mä op jidde Fall si mer vill méi séier. Dat ass e groussen Avantage an deene Saachen do. Als Beispill emol zitéiert.

Déi Zertifikatiounsgesellschafte ginn natierlech dann accréditéiert. Dat ass deen Institut d'accréditation, deen dann och elo an den ILNAS erageluecht gëtt. Mä nach ëmmer: D'Norme si fräiwëlleg, soulaang wéi se net en obligatoresche contractuellë Charakter hunn oder am Gesetz stinn.

D'Kontrollen. Selbstverständlech, Produktioun ass dat eent, d'Kontrollen ass dat anert. Déi Kontrolle kënnen zu jidder Zäit geschéien. Do gëtt net nëmmen eleng gekuckt: Steet CE drop?, mä et gëtt och emol gekuckt, wann CE dropsteet: Entsprécht dat der Norm?

Da besteet d'Méiglechkeet, och national mat internationalem Effekt déi Produkter vum Marché auszeschléissen. Dat heescht, wann hei zu Lëtzebuerg festgestallt gëtt, datt e Produkt net konform ass, da leeft eng ganz Prozedur un, mam Resultat, datt aus der Communautéit dat Produkt kann oder muss ausgeschloss ginn.

Grosso modo: Déi nei Verwaltung, déi mer hei opriichten - den ILNAS als Lëtzebuerger Institut -, huet déi wesentlech Aufgab, fir d'Erstellung - also d'Schafung, wann Der et esou wëllt hunn -, d'Uwendung, d'Sécherheet an d'Kontroll vun den Zertifizéierungsgesellschaften och ze akzeptéieren. Dat ass hir Haaptmissioun. Do derbäi kënnt dann, wéi virdru vum Här Castegnaro gesot, och d'Métrologie an dann d'Gestioun vun de Konzessiounen. Déi ganz Organisatioun läit doran, mat allen Detailer a Problemer, déi dat mat sech bréngt.

Et ass net onbedéngt Neiland, mä et ass awer eng Matière, déi duerch dëst Gesetz zentral koordinéiert soll ginn. Aarbechten, déi bis elo a verschiddene Verwaltungen a Ministèren an hire spezifesche Kompetenzberäicher gemaach gi sinn. Esou datt de Projet, esou wéi e virgestallt gëtt, och avancéiert. Et géif alles ënner een Hutt kommen am Kompetenzberäich vun der ILNAS.

Wa mer elo soen, alles - am Bericht vum Rapporteur ass et schonn duerchgeklongen -; et ass bal alles, well et ass net alles. Do sinn nämlech eng ganz Partie spezifesch Kompetenzen, déi nach bei deenen anere kompetente Ministere bleiwen. Esou datt do ee vun de Problemer opgeworf gëtt: Wou ass elo d'Kompetenzofdeelung? Wat mécht deen een? Wat mécht deen aneren?

Also, der Direktiv zur Folleg sollt d'Norméierung dozou bäidroen, d'Promotioun vun der Qualitéit ze hiewen, d'Sécuritéit vun de Produkter, d'Förderung vum Handel a vun der Industrie, méi Produktioun a méi Sécherheet fir de Konsument, an dat Ganzt an der Kontroll duerch d'öffentlech Hand. Dat sinn déi nei Missiounen, déi mat erakommen un den ILNAS. Missiounen, déi also zousätzlech fir d'öffentlech Hand kommen.

Et kann een et och anescht ausdrécken: e bësse méi Stat. Well hei gräift de Stat och a Secteuren an, an Deeler an, déi wäit privatrechtlecher Natur sinn.

Mä ech mengen, och an deem Rôle fir d'Promotioun an d'Qualitéit méi aktiv ze maachen, kéint de Stat sech dach erëmfannen, wann et och net onbedéngt seng éischt Missioun ass.

D'Avisë vun der Handwierkskummer a vun der Chambre de Commerce, déi si relativ kritesch, wou se vermëssen, datt eng global Visioun iwwert déi Gesamtproblematik ze kuerz kënnt am Projet. De Projet geet och verschiddentlech fir si net wäit genuch, beispillsweis de Volet Sécurité alimentaire, an ass och net kloer genuch ëmrass wat verschidde Saachen ubelaangt, wéi d'Promotioun vun der Wirtschaft, d'Informatioun, d'Förderung vun de Betriber, wéi dat soll vir sech goen.

Dir Dammen an Dir Hären, wat sech hei vläicht relativ einfach an onkomplizéiert unhéiert, do kënnt awer bei der Analys vum Projet eraus, datt dat guer net esou einfach ass, datt den Text relativ komplizéiert ass.

Vill Kommissiounssitzunge sinn drop higaangen, kontrovers, ganz kontrovers bei verschiddene Punkten, an et ass animéiert diskutéiert ginn. D'Textamendementer sinn opgezielt ginn; 44 plus 22 sinn der 66. Dräi Avisë vum Conseil d'État beweisen d'Komplexitéit vum Text, wou dann och nach d'Ausféierungsreglementer - eng aner Kritik - feele souwéi d'Fiche financière. Et iwwersäit een net, wat esou en Institut ka kaschten.

De Conseil d'État huet sengersäits och - an ech mengen do ass deen éischten Avis dee wesentlechsten - drop higewisen, datt d'global Visioun fir d'Bewältegung vun deene Problemer, vun den Zilsetzungen am Fong am Projet net esou richteg zum Droe kënnt oder datt se feelt.

De Conseil d'État schwätzt och nach eng Partie aner Problemer un, wéi dee vun der Veröffentlechung vun den Normen, de Verkaf vun den Normen, deen dann och elo soll duerch de Stat geschéien - an am Fong, wann een et wëllt pejorativ kucken, eng Epicerie gëtt -, d'Ofgrenzungsproblematik vun de Kompetenzberäicher, d'Feele vu verschiddene Kompetenzen, d'Sécurité alimentaire zum Beispill, an dann d'Fro, ob dat Ganzt soll geschéien iwwer en Organisme de droit privé oder - well et jo ëm fräiwëlleg Norme geet, wat och ganz logesch kéint geschéien - iwwer eng staatlech Verwaltung, d'Feele vun den Ausféierungsreglementer, an dann d'generell Fro, wou e sech freet: Ass eis Verwaltung souwuel materiell wéi och intellektuell amstand, de Lëtzebuerger Stat bei deenen Aarbechte vun den europäeschen Normungsorganisme richteg ze vertrieden?

Dat sinn eng Partie Froen, déi am Raum stinn, déi deelweis eng Léisung kritt hunn, deelweis och net, mä déi op jiddfer Fall zum Nodenke féieren. An de Conseil d'État huet et dozou bruecht fir ze soen, en ordre principal, de Projet misst a senger Globalitéit nach eng Kéier iwwerduecht ginn an e géif nëmmen à titre subsidiaire praktesch den Avis ginn iwwert déi eenzel Artikelen.

D'Ekonomieskommissioun huet sech et och net einfach gemaach. Si huet dee Projet do am Detail analyséiert. Allerdéngs ka se och net d'global Orientéierung vun engem Projet fundamenal änneren. Mä 66 Amendementer hunn awer dozou bäigedroen, datt den Text wesentlech besser ginn ass, wéi e virdru war.

Punkten, déi mir perséinlech méi ze bedenke ginn, dat ass - et ass ugeschnidde

ginn - déi nei Aféierung vun dem Service de l'Énergie de l'État, dee mer viru sechs Méint, also am August, ofgeschaf haten, e bëssen ze séier. Do gi verschidden Dispositiounen erëm ageféiert, well mer se brauchen. Mä dat heescht dann awer och, datt vum August u bis elo dee Service net konnt fonctionnéieren, datt keng nei Konzessiounen ausgestallt gi sinn an och keng aner verlängert gi sinn.

Mä déi Fro, déi sech hannendru stellt, dat ass: Wat hunn eigentlech déi Beamte während där Zäit gemaach, well déi hu jo legal net méi bestanen? Oder: Wéi sinn déi Beamte bezuelt ginn, well de Service war legal ofgeschaf? Vläicht kréie mer eng Äntwert vum Minister dorop - Dir hutt bestëmmt eng.

Elo ginn duerch dëst Gesetz op jiddfer Fall déi Fonctiounen erëm ageféiert, esou datt d'Elektriker an d'Cegedel kënne berouegt sinn. Mä den Dossier schéngt eis nach weider ze verfollegen, well mir sinn nach mat engem anere Gesetz befaasst, wou mer dee Service do erëm, ech géif net gär soen ofschafen, awer nei strukturéieren an en anere Service eran, esou datt mer nach eng Kéier wäerten doriwwer schwätzen.

E weidere Punkt, dee mer e bëssen um Mo läit, ass dee vun der Surveillance. Ech sinn derfir, selbstverständlech, datt hei kontrolléiert gëtt, datt schaarf kontrolléiert gëtt. Dat muss sinn. An enger internationaler Welt, wéi dat elo ass, soll dat sinn. Mä wou ech mäi Problem hunn, dat ass mat den Officiers de police judiciaire, net déi offiziell, déi vun der Police kommen, mä déijéineg, déi vun der Verwaltung kommen.

Do deelen ech zweifellos dem Conseil d'État seng Meenung, deen net midd gëtt bei sämtleche Geleeënheeten, wou mer dat do aféieren a verschiddene Verwaltungen, fir do dergéint ze wiederen an ze soen: Dat do ass net dee richtege Wee.

An et ass och net onbedéngt de richtege Wee, well dat do ass jo awer e Beruff. Officier de police judiciaire ass e Beruff, dee geléiert gëtt, wou ee permanent muss dra sinn, wou ee muss Fangerspëtzegefill hunn, wou ee muss wëssen, wéi ee virgeet. Do ass et d'Erfahrung, déi spillt. An déi ass net onbedéngt ëmmer ginn am Rumm vun enger Verwaltung. Esou datt ee ka gedeeltener Meenung sinn, well bis elo - ech mengen dat ass elo de Problem, wou mer dermat befaasst sinn - déi Verwaltung do schonn d'Recht hat, fir Officier de police judiciaire ze sinn.

An da si mer natierlech beim Lëtzebuerger Modell: Mir maachen eng grouss Reform, et gëtt alles anescht, mä et dierf näischt änneren. Esou datt mer dann och do derbäi bleiwen.

D'Fro, déi nach net beäntwert ass, dat ass déi: Wéi vill Leit hunn d'Fonctioun vum Officier de police judiciaire, déi net bei der Police beschäftegt sinn? Wou si se beschäftegt? Well dat Ganzt muss jo awer eng Kéier zu enger Generaldiskussioun kommen.

Maache mer et esou, datt mer iwwerall kompartimentéiert e Polizeistat aféieren, oder solle mer deen net awer global loossen?

Déi Fro steet am Raum an déi musse mer eng Kéier diskutéieren, well soss komme mer bei all Gesetz, wou esou Saache wéi dat hei dra sinn, nach eng Kéier drop.

D'Publikatioun, den Här Castegnaro huet drop higewisen: Mir hunn esou e sibyllineschen - ech géif net soe Léisung - Text fonnt, deen am Gesetz steet. Am Projet steet elo dran, datt déi Normen, déi Lëtzebuerg akzeptéiert, par référence am Mémorial publizéiert sinn.

Dat heescht guer näischt. Dat heescht just, et ass eng Lëscht vun Normen, déi mer akzeptéiert hunn. Awer soss näischt. Déi Normen do sinn net obligatoresch, déi sinn alleguer fräiwëlleg.

Wa mer eng Norm obligatoresch maachen, muss se publizéiert ginn. An do hu mer e reelle Problem. Alleguer déi Normen, déi op eis zoukommen hei zu Lëtzebuerg, wa mer alleguer déi, déi mer obligatoresch maachen, publizéiere wëllen, mä da ginn eis Mémorialen nach vill méi déck. An do muss een da kucken, wéi een eng Léisung fënnt.

Souwisou stellt sech bei der Publikatioun nach eng aner Fro; dat ass déi vum Droit d'auteur. Well déi Instituts de normalisation, déi froe jo Suen derfir. Dat kascht jo och. Dat leeft jo alles op privatrechtlecher Basis. Dat kascht, dat muss bezuelt ginn. Wéi kréie mer déi Suen erbäi?

Also déi do Fro schwieft ewell 15, 20 Joer, zënter datt mer Normen ëmsetzen iwwer Form vu Reglementer.

Wéi geschitt d'Publikatioun? Mir hunn et meeschtens gemaach einfach par référence, an da war et fäerdeg. Mä deen éischte richtege Prozess, dee mer kréien op deem Gebitt do, dann hu mer awer e reelle Problem! Well ebe virgeschriwwen ass an eiser Gesetzgebung: Net d'Norme musse publizéiert sinn, d'Gesetzer musse publizéiert sinn.

En anere Sujet, wou ee kéint méi laang driwwer schwätzen, ass den Normeninstitut op privatrechtlecher Basis. Mir sinn am Kader vu fräiwëllegen Normen, wou Betriber sech am Fong selwer operleeën: „Elo maachen ech dat, elo geet dat wéi ech dat gären hätt." Ech sinn éischter fir méi privat Initiativ, well ech mengen, mir hu schonn an enger ganzer Partie Domäne vill ze vill Stat. Mir hunn awer an dësem Fall keng richteg Alternativ vu privater Säit offréiert kritt. Vläicht hätt ee se och kënne provozéieren. Ech ginn e Beispill, de Registre de Commerce, dee leeft haut op enger privatrechtlecher Basis.

Une voix.- Leeft et da besser?

M. Marcel Sauber *(CSV)*.- Selbstverständlech! Haut ass en à jour, en huet net méi e Retard vu Joren, wéi dat virdru war. E leeft vill besser.

Hei beim Normeninstitut maachen ech elo keen hellege Krich draus, well ech net esou richteg gesinn, wien hei zu Lëtzebuerg soll grouss Initiativen huele fir Normen ze maachen. Esou vill Betriber an esou grouss Betriber hu mer net, fir datt esou en Normeninstitut iwwerlaf géif gi mat Aarbecht, sou datt ech an dësem Fall an der Kommissioun och Jo dozou gesot hunn. Mä ech muss awer soen, mat schwéierem Häerzen, an der Hoffnung, datt de Stat à titre supplétif hei mat awierkt a well eben de Moment Lëtzebuerg keng aner Méiglechkeet huet.

Wat méi zur Transparenz bäigedroen hätt beim Projet, dat wär, wann d'Ausféierungsreglementer mat derbäi gewiescht wären. Mä déi waren net derbäi.

Dir Dammen an Dir Hären, déi positiv Säite vum Projet wëll ech awer och net verkennen.

(Interruptions)

Dat do war elo emol eng gesond Kritik derzou. Mä de Projet huet selbstverständlech och eng ganz Partie positiv Säiten. De Rapporteur huet se opgezielt, a wann ech dat elo emol optimistesch wéilt kucken - well ech si vun Natur aus nawell Optimist -, da géif ech soen, en Text, deen net esou kloer ass an all senge Facetten, en Text, deen och d'Objektiver net esou prezis ëmräisst, dat kann nach ëmmer en akzeptabele bis e gudden Text sinn, ënner der Bedéngung, datt ech eppes doraus maachen. Also wann ech deen doten Text richteg upaken, kann ech ganz vill doraus maachen.

Den Text schaaft e Kader fir d'Iwwerwaachung vun der Produktioun a vun der Consommatioun. E schaaft eng nei Verwaltung, den ILNAS…

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Ass dat eng positiv Säit?

M. Marcel Sauber *(CSV)*.- Loosst mech mäi Saz emol fäerdeg maachen, et ass e laange Saz. Also - elo hutt Der mech aus dem Konzept bruecht.

(Hilarité)

Den ILNAS als nei Verwaltung an de Wirtschaftsminister als kompetente Minister, déi hunn et elo an der Hand, dat aus dem Gesetz ze maachen an dat an den Text ze leeën, wat mer als Konsument, als Wirtschaft an als Land an engem moderne Stat brauchen. De Projet verhënnert dat net. Also loosse mer dat draus maachen, wat mer muer brauchen. Dynamik an Initiativ sinn da gefuerdert.

An deem Sënn brëngen ech och den Accord vun der CSV.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Sauber. Dann huet d'Madame Flesch d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, léif Kolleegen, ech wäert a mengen Iwwerleeungen zimlech op der Linn vum Här Sauber leien, mä ech faasse mech méi kuerz. Deen eenzegen onageschränkte positiven Aspekt, deen ech dësem ILNAS-Projet unerkenne kann, ass d'Qualitéit vun der Aarbecht vum Rapporteur, dem honorabelen Här Castegnaro. Wéi hien et gesot huet, ass d'Matière wichteg, mä ganz komplizéiert. Wéi hien et net gesot huet, mä wéi ech et mengen, war d'Approche vun der Regierung éischter fragmentaresch, fir net ze soe chaotesch. D'Aarbecht an der Kommissioun hat d'Charakteristik vun „work in progress" a mir sinn iwwerhieft gi mat enger onwahrscheinlecher Zuel vun Amendementer, wéi de Rapporteur et och scho gesot huet.

An deem Kontext, deen a stänneger Bewegung war, huet de Rapporteur seng Aarbecht mat Kompetenz, Ausdauer an Akribie duerchgezunn an ech wëll him duerfir félicitéieren an him Merci soe fir déi Aarbecht, well esou si mer e bëssen aus dem Tunnel erauskomm. Hien huet a sengem mëndleche Rapport elo eng grëndlech Analys gemaach vum coordonnéierten Text, dee virun ons läit an dee wesentlech anescht ass, wéi deen Text, deen am Ufank vun den Diskussioune virun ons war.

D'Zil vum Projet soll sinn, d'Missioune vun Normalisatioun, Akkreditatioun, Sécherheet a Qualitéit vu Produkten an Déngschtleeschtungen, déi de Moment bei verschiddenen öffentleche Strukturen ugesidelt sinn, ze regruppéieren, fir engersäits méi effikass ze sinn an anerersäits am Sënn vun der Simplification administrative ze wierken. De Conseil d'État, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers sinn net iwwerzeegt, dass déi Ziler erreecht gi sinn. An hirem Avis fënnt een ëmmer erëm Wierder wéi „vag, fragmentaresch, hétéroclite, Ambiguïtéiten, Inkohärenzen".

Mir sinn als DP och net iwwerzeegt, dass d'Zil erreecht ginn ass, esou wéi et hätt missen erreecht ginn, a mir bedaueren et. De Conseil d'État schreift zum Beispill a sengem Avis vum 28. November 2006: «Il est à craindre que, à force de vouloir regrouper un nombre trop élevé de missions entre les mains d'une seule et même entité, sans avoir mis en place un cadre de règles claires destinées à régir la matière et sans s'assurer parallèlement d'une démarcation nette entre les attributions nouvellement créées et les compétences éparpillées parmi une pluralité d'autres autorités administratives, les auteurs ne finissent par accroître l'opacité légale et administrative en la matière plutôt que de ,contribuer à la simplification administrative et à la réalisation d'économies d'échelle.»

Wéi de Rapporteur et gesot huet, ass op deene Punkten an engem gewësse Sënn Remedur geschafe ginn, mä et bleift awer nach munches ze maachen. Dat ass a mengen Aen, dat ass an onsen Aen den Haaptproblem vun deem Gesetz.

Ech wëll elo net an all Detail agoen. Ech wëll nëmmen zwee Punkten erausgräifen, déi mir perséinlech och nach besonnesch Suerge maachen. Den neien Institut soll ënner anerem derfir suergen, dass déi international an europäesch Norme publizéiert ginn an doduerjer zu nationalen Norme ginn. Dat ass e Problem, op deen den Här Sauber jo am Detail agaangen ass.

Nun ass et esou, dass déi international an europäesch Organismen, déi fir d'Normalisatioun zoustänneg sinn, sech fir hir Aarbecht bezuele loossen. Den Institut muss also déi Aarbecht kafen. Duerfir ass am Projet och virgesinn, dass den Institut dat da verkeeft. An d'Fro vum Conseil d'État ass richteg gestallt, ob dat d'Aufgab ass vun enger Administration publique an ob et net besser gewiescht wär, enger privatrechtlecher Struktur aus den entspriechende professionellen Ëmfelder déi Problematik unzevertrauen, eng Struktur, déi dann och besser outilléiert gewiescht wär, fir d'Commercialisatioun vun deenen Norme virzehuelen.

Dann eng zweet Observatioun, an déi huet den Här Sauber och scho gemaach, dat ass am Beräich vun der Surveillance des marchés. Do kritiséiert de Conseil d'État alt erëm eng Kéier, wéi schonn an esou vill Avisen, dass d'Fonctionnairë vun deem neien Institut sollen Attributioune vun Officiers de police judiciaire kréien. Déi Kritik un der Multiplikatioun vun den OPJen ass vum Conseil d'État scho ganz, ganz oft virgedroe ginn a si gëtt och, zum Beispill, wäitgehendst vun de Membere vun der Commission juridique vun dësem Haus gedeelt.

D'Commission de l'Économie huet sech och mat där Problematik beschäftegt an huet déi Suerge gedeelt. Et ass e Problem vu Formatioun. Et ass och e Problem vu wéi déi Aarbecht duerno gehandhaabt gëtt an esou weider. Quoi qu'il en soit, d'Kommissioun huet sech driwwer ënnerhalen, mä si huet d'Dispositioune bäibehalen esou wéi se am Text waren, a si huet sech drop beschränkt, d'Regierung ze bieden, déi Problematik ze diskutéieren an der Chamber d'komplett Lëscht vun alle Fonctionnairen ze ginn, déi d'Qualitéit vun OPJ an alle Verwaltungen hunn.

Ech wéilt hei expressément un dee Wonsch vun der Kommissioun erënneren an de Minister bieden, sech ze engagéieren am Numm vun der Regierung, dass mer déi Lëscht kréien. An déi zweet Etapp wär dann déi global Diskussioun, vun där den Här Sauber virdru geschwat huet, déi och schonn an der Commission juridique évoquéiert ginn ass, mä déi bis elo nach ni geféiert ginn ass.

Här President, ech hunn elo wierklech am Telegrammstil zwou Onzoulänglechkeete vun dësem Projet de loi opgelëscht an déi Haaptonzoulänglechkeet ass, dass et am Fong fir keng Simplification administrative an och net fir méi Transparenz suergt, mä dass d'Opacitéit wahrscheinlech doduerjer nëmmen nach méi grouss gëtt.

Mä alles dat gesot, muss ech awer och soen, dass d'Sécherheet an d'Qualitéit vun de Produkter an den Déngschtleeschtungen, d'Normalisatioun an d'Akkreditatioun wichteg Froe sinn. Sécher ass, dass duerch d'Aarbechten an der Kommissioun d'Gesetz verbessert ginn ass. Sécher sinn öffentlech Qualitéitskontrollen noutwendeg, fir Transparenz ze schafen an dem Konsument, dem Bierger deen néidegen Iwwerbléck an dat néidegt Vertrauen ze ginn. Sécher hu mer och an deem Beräich ganz prezis Obligatiounen am Kader vun der Europäescher Unioun.

Duerfir wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei dëse Projet de loi stëmmen, mä, fir eng Formule ze gebrauchen, géif ech dem Minister répétéieren, wat ech scho bei engem anere Projet gesot hunn: ouni Iwwerzeegung an ouni Enthusiasmus.

Ofschléissend géif ech awer wëlle virun allem festhalen - wéi d'Chambres professionnelles, wéi de Conseil d'État -, dass mer an dësem wichtege Beräich, trotz der gudder Aarbecht vun der Kommissioun an trotz dem Vote vum Projet de loi, dee muer wäert stattfannen, nach ëmmer an engem Zeenario vun „work in progress" sinn, an dass mer mussen, an dass de Ministère muss nach ganz vill Aarbecht maachen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. D'Wuert huet den Här Kox.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann och emol fir d'éischt dem Här Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport. E Rapport, dee jo de ganzen Iwwerbléck doriwwer ginn huet, besonnesch am mëndleche Beräich, wéi komplex effektiv déi Aarbechten an der Kommissioun waren. Sämtlech Riedner a Virriedner hu jo dat schonn eng Kéier ernimmt. 44 plus 22 Änneruungsanträg hu mer misse maachen, fir zum Schluss awer zu engem Gesetz ze kommen, dat och déi Gréng en fin de compte wëlle matdroen.

Ech wëll mech och duerfir e bësse méi kuerz halen a mech just plus ou moins op zwee Punkte beschränken, déi eis awer ganz wichteg sinn. Ier ech op déi zwee Punkte wëll ze schwätze kommen, kommen ech net derlaanscht awer e puer Wuert iwwert déi Geschicht do vun de Services de l'Énergie ze verléieren. Déi Servicer gi jo elo bekanntlech erëm agefouert duerch dëst Gesetz vum ILNAS, wat a sech d'Koordinatioun an och déi Ausféierungen um Terrain da wéilt iwwerhuelen. Dat, wat do ofgedeckt gëtt, si jo alles Servicer am Beräich vum Elektreschen.

Et ass och scho vu menge Virriedner gesot ginn - ech mengen, den Här Castegnaro hat dat och scho virdru gesot -, dass mer säit dem Vote vum Liberaliséierungsgesetz vum leschte Summer an engem Vide juridique waren, well mer do de Service de l'Énergie einfach esou ofgeschaf hunn, ouni ze kucken, ob en anert Gesetz déi Aufgabe géif iwwerhuelen.

Déi Gréng hunn deemools och scho bei deem Gesetz d'Aart a Weis ganz staark kritiséiert an och d'Hauruckaart a -weis ugeprangert, wéi dat Liberaliséierungsgesetz déi Kéier duerch d'Chamber gedréckt ginn ass. Et konnt a sech nëmmen dann och schifgoen. Et war aus eiser Siicht och onverantwortlech, esou virzegoen.

En éischte Punkt, op deen ech wollt kuerz agoen, deen den ILNAS elo soll iwwerhuelen, dat ass déi Koordinatioun vun deene Bonnes pratiques vun eise Laboratoiren hei am Land. Ech mengen, et ass ganz richteg, dass mer esou Laboratoiren hei am Land hunn. Déi Verwaltung elo, den

ILNAS, soll dat jo a verschidden Administratioune regruppéieren oder zumindest koordinéieren, sief dat an der Santé, der Inspection du Travail et des Mines oder och nach dem Service technique aus der Agriculture.

Fir eis ass et ganz wichteg, dass mer performant Laboratoiren hunn, déi och déi néideg Kontrolle kënnen dobaussen duerchféieren. Et ass duerfir wichteg, dass den ILNAS déi Koordinatioun mécht an awer och dat néidegt Material an dat néidegt Personal kritt, fir kënnen dat an der Praxis esou auszeféieren.

Duerfir ass eng Hoffnung, dass den ILNAS effektiv bei de Laboratoirë méi e performant Virgoen oder e Perfectionnement erreeche kann, well ech mengen, hei zu Lëtzebuerg hu mer a verschidde Beräicher do nach Nohuelbedarf.

En zweete Punkt, an dat ass e ganz wichtege Beräich aus grénger Siicht, ass de Beräich vun der Iwwerpréiwung vun der Kommerzialisatioun vun de Produkter. Sief dat déi Produkter, déi hei am Land hiergestallt ginn, respektiv Produkter, déi iwwer eis Grenzen an eist Land erakommen, an do besonnesch natierlech iwwert de Findel. Op d'Wichtegkeet vun esou enger Iwwerpréiwung brauch ech net anzegoen; et ass och scho vun e puer Virriedner dovunner geschwat ginn.

Et ass jo net fir d'éischt, dass Produkter vum Marché hu missen zréckgezu ginn, aus ville Grënn. De Konsument huet e Recht op sécher a gesondheetlech onbedenklech Produkter. Duerfir sinn déi Kontrollen an och Stéchprouwe ganz wichteg.

Wa mer elo awer den Ausbau vu Lëtzebuerg als Logistiksdréischeif kucken - dat, wat de Wirtschaftsminister jo och ustrieft -, da mécht dat d'Iwwerwaachung an och d'Konformitéit an d'Sécherheet vun de Produkter ëmsou méi wichteg, sou dass déi Kontroll och effikass muss duerchgezu ginn. Besonnesch dann och, wann de Findel nach esou weider sollt Produkter hei an d'Land mat erabréngen.

Duerfir hat ech och eng Question parlementaire gestallt, déi Dir ënnert der Nummer Q 2083 nosiche kënnt. Ech hat déi den 31. Oktober 2007 un de Wirtschaftsminister gestallt an hunn hie grad op déi Iwwerpréiwung um Findel ugeschwat.

Ouni elo wëllen op déi sëlleche Froen anzegoen an och op déi Äntwerten, ass mer awer ee Punkt besonnesch opgefall, an dat ass och den Uleies, op deen ech wëll erauskommen, dat ass den A und O vun enger sécherer a vertrauenswierdeger Politik am Beräich vun der Sécurité des produits, nämlech d'Qualitéit an d'Kompetenz vun de Leit bei dëser Iwwerpréiwung.

Et ass virdru vun deene sëllechen OPJe geschwat ginn. Ech deelen deels déi Bedenken, déi do ausgeschwat gi sinn. Et ass och net glécklech, wa mer eng Multitude vun deenen a verschiddene Ministèren aféieren. Ech mengen awer, dass de Problem éischter am Beräich vun der Qualitéit an der Kompetenz läit an dass mer do kënnen entgéintwierken.

Duerfir, mir kënnen esou gutt wéi méiglech esou Gesetzer schreiwen: Wann um Terrain awer net déi richteg an adequat Surveillance gemaach gëtt, bleiwen och erëm esou Gesetzer Lettre morte.

Ech wëll aus där Question parlementaire vum Här Wirtschaftsminister ee Punkt eraushuelen, an ech zitéieren: «Les Douanes et Accises, ainsi que le personnel national (réparti) dédié à la surveillance du marché, constituent les organes principaux de contrôles à la quantité de marchandises transitant par l'aéroport de Luxembourg, ce sont ces ‚outils' en termes de ressources humaines qui pourraient alors être renforcés afin d'adapter la fréquence et la qualité.» A weider: «Des formations spécifiques à la surveillance du marché pourraient aussi être envisagées. Plus globalement, l'ensemble des ressources nationales affectées au domaine de la surveillance du marché pourrait être renforcé. De plus, un investissement futur serait souhaitable en vue de mettre à disposition des autorités de surveillance des équipements adéquats, notamment pour le contrôle des substances toxiques sur le terrain.»

Dëst Gesetz steet a fält also mat de Moyenen, déi mir zur Verfügung stellen. Et ass besonnesch do, wou mir déi gréisste Bedenke betreffend der Ëmsetzung herno um Terrain gesinn. D'Gesetz steet a fält och mat de Ressource-humainen, déi d'Politik bereet ass opzestellen. Mir hu grouss Zweifel, ob déi jëtzeg Regierung déi néideg Moyenen och wëllt schlussendlech um Terrain bereetstellen.

Ech brauch just nëmmen un d'Stellungnahm vum Budgetsminister Frieden gëschter während der Debatt iwwert den Ombudsmann ze erënneren. A ville Beräicher vum Stat kéint méi effikass an och rationell geschafft ginn, mä a ville Beräicher feelt et punktuell u Personal, fir dat och richteg an néideg ëmzesetzen. Dës Demanden u méi Personal ginn awer systematesch vum Budgetsminister gestrach.

Här President, Dir Dammen an Hären, well et schonn esou spéit ass an ech mech op déi zwee Punkte wollt beschränken, kommen ech zum Schluss. D'Zesummeleeung vu Kompetenzen, fir e bessert a méi effikasst Virgoen ze erreechen, kënne mir nëmmen ënnerstëtzen. Ënnerstëtze kënne mer et awer net, wann net déi néideg Ressourcë bereetgestallt ginn. Wa Lëtzebuerg eng Dréischeif vum internationale Wuerentransport soll ginn, mussen awer och op där anerer Säit déi néideg Moyenen zur Verfügung gestallt ginn, fir esou eng Dréischeif ze begleeden.

Dëst Gesetz kléngt um Pabeier gutt an huet och seng Berechtegung, och wann eng ganz Rei vu Kritiken nach bestoe bleiwen; wéi et virdru vum Här Sauber a vun der Madame Flesch hei erwähnt ginn ass. Mir wäerten dëst Gesetz, wéi aganks scho gesot, och matdroen. Mir wäerten awer d'Surveillance vum Marché genauestens suivéieren an hoffen, dass dat nei geschafent Institut och déi néideg Moyenen, sief dat materiell wéi personell, kritt, fir seng Aufgab besonnesch am Sënn vum Konsumenteschutz richteg kënnen duerchzeféieren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Kox. Den nächste Riedner ass den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och meng Remerciementer fir d'éischt un de Rapporteur, den Här Castegnaro, deen hei effektiv ganz vill Aarbecht huet missen als Rapporteur leeschten, fir aus deem ganze Gewurschtels, wat mer vun der Regierung virgeluecht kritt hunn, herno e passabelen Text kënne virzeleeën. Et war wierklech ganz vill Aarbecht, wat hei huet misse gemaach ginn, fir datt mer finalement deen Text virleien hunn, iwwert dee mer elo sollen ofstëmmen.

Et ass evident, datt de Projet de loi als solch komplex ze redigéieren ass. Woufir? Ma well een eng siwe Ministèren an Administratiounen oder Deeler vun deene muss zesumme regruppéieren, wat an der Theorie an um Pabeier séier liicht ze maachen ass. Mä deen Ablack, wou een dat textuell muss an e Projet de loi ëmsetzen, ass dat natierlech vill méi komplex.

Duerfir mengen ech, datt et gutt wier, wann d'Regierung esou komplex Projet-de-loien huet, datt se deen Ablack op e Service logistique entweder am private Secteur zréckgräift oder selwer ee schaaft, fir datt ee kann esou Projet-de-loien ausschaffen an deen Ablack och d'Aarbecht souwuel vum Conseil d'État wéi och vun der Chamber méi einfach maachen. Ech si mer zimlech sécher, datt dee Projet de loi, dee mer haut wäerte stëmmen, héchstwahrscheinlech no engem Joer oder no enger gewësser Zäit, wa bis de Rodage duerch ass, muss revidéiert oder adaptéiert ginn, fir de Realitéite Rechnung ze droen.

Et sinn e puer Froen, déi ech an dësem Kontext wollt stellen.

Déi éischt ass: Et ass gesot ginn, d'Règlements grand-ducaux wieren nach net prett, mä si géifen an enger gewësser Zäit kommen. Ech wollt just d'Regierung froen: Wat heescht „eng gewëssen Zäit"? Dat heescht, et muss jo awer och hei kënnen herno mat deem Gesetz weidergeschafft ginn. Déi bestehend Reglementer ginn där neier Missioun net onbedéngt ganz gerecht. Duerfir wier ech frou ze wëssen, wéi déi Aarbecht do virgesinn ass an a wat fir engem Délai dat kéint gemaach ginn.

Da muss een dee Problem uschwätzen, deen och vu menge Virriedner ugeschwat ginn ass. Dat ass dee vun den OPJen; vun den Officiers de police judiciaire. De Prinzip ass deen, datt d'Police an déi Leit, déi d'Qualitéit vun den Officiers de police judiciaire hunn, kënnen déi Perquisitiounen do maachen, wou se néideg sinn a wou se vun engem Riichter oder soss engem ordonnéiert ginn.

Mir wëssen, datt et awer an der Praxis a verschiddene Fäll schwiereg ass, an notamment deen Ablack, wou eng héich Qualifikatioun gefuerdert ass, fir déi Kontrolle kënnen duerchzeexercéieren. Hei ginn a verschiddene Fäll Universitäre mat spezielle Formatioune gebraucht, fir déi Qualitéitsprodukter duerchzekucken. Et ass awer evident, datt ee schwéier kann an onser Police eng Persoun ausbilde fir eng Missioun, wou se eventuell all Mount oder all zwee Méint eng Kontroll ze maache kritt. Dat wier manifestement disproportionéiert.

Duerfir ass et richteg, datt mer eng Reflexioun maachen iwwert déi Missioune vum OPJ, datt mer och kucken, ob mer vläicht d'Missioune vum OPJ net esou limitéieren, datt, wann technesch Moyenen néideg sinn, dann den Officier de police judiciaire déi Saach mécht, mä datt hie sech obligatoresch muss vun engem Expert begleede loossen. Dat ass zwar méi ëmständlech. Duerfir ass déi Debatt, déi mer sollen an der Chamber an och mat der Regierung féieren, absolut noutwendeg.

Dat anert ass: Mir hunn an zeg Gesetzgebunge Leit d'Qualitéit vun Officier de police judiciaire zougestanen. Dat fänkt un total oniwwersiichtlech ze ginn. Duerfir si mir och als ADR der Meenung, datt d'Regierung ganz rapid ons misst soen, wien dann elo déi Qualitéiten huet. Well dat ass fir de Commun des mortels an notamment fir de Législateur net méi iwwersiichtlech.

Da wëll ech och drop hiweisen, wa mer esou e Gesetz stëmmen, wat am Prinzip gutt ass, datt mer déi eenzel Instituter, déi sech ëm d'Kontroll vun den Normen an den Akkreditéierunge këmmeren, regruppéieren. De Prinzip ass also richteg. Nach muss ee soen, datt tëschent der Theorie an der Praxis bei der Effikassitéit vun de Kontrollen awer nach munches net esou richteg klappt.

Ech wëll nuren drop hiweisen, datt mer elo Amendë bis zu 25.000 Euro virgesinn a bis ee Joer Prisong fir «toute personne qui aura utilisé à titre quelconque un instrument de mesure non conforme aux prescriptions de la présente loi». Dat gesäit u sech gutt aus.

Ech wëll just nuren ee Beispill ginn. D'Instrumenter, mat deenen e Polizist d'Vitesse vun den Autoe kontrolléiert, ginn normalerweis deen Ablack kontrolléiert, wou se kaaft ginn a wou se fir d'éischt hir Utilisatioun hunn. An da musse se all Joer nees nei an de Comptage kommen. Dat geschitt awer net, oder ganz seelen oder ausnahmsweis.

Hei kann een also elo op Basis vun engem Article pénal géint dee Polizist, deen dat gebraucht huet, net nëmme soen, datt déi Vitesse excessive, déi hie kontrolléiert huet, null und nichtig ass, mä et kann een och nach eng Plainte maache géint de Polizist, well deen en Instrument gebraucht huet, wat net den Normen an de Kontrollen entsprach huet.

Duerfir ass hei wierklech an der Praxis mat allen Interesséierten eng Revisioun ze kucken, wéi een dat heite Gesetz an der Praxis duerchexercéiert, datt een net a Schwieregkeete kënnt, aus deenen een effektiv net méi kann erauskommen.

Et ass also e komplext Gesetz. Ech wënschen der Regierung eng gutt Hand an der Duerchféierung. Ech hoffen, datt mer an der Kommissioun driwwer schwätzen, oder déi nächst Chamber wäert héchstwahrscheinlech eng Kéier missen dat ganzt Gesetz nach eng Kéier nei diskutéieren, fir déi eng oder déi aner Adaptatioun am Gesetz ze maachen.

Dann zum Problem vun der Publikatioun vun den Normen, op deem ech och mat menge Virriedner d'accord sinn. Dat ass, datt mer déi Experienzen aus dem Ausland sollen huelen. Mir schéngt et, datt et richteg wier bei esou techneschen Normen, datt een do soll einfach iwwert d'Gesetz e Renvoi op en Institut, eng privat Firma maachen, déi chargéiert ass fir déi Normen ze publizéieren, an een dat soll iwwert d'Gesetz regelen. Ech mengen, da wier där komplexer Situatioun an där legaler Situatioun entgéintkomm.

Dat gesot, wëll ech also soen, datt mer d'Zil vum Gesetz als sollecht guttheeschen, fir alles ze regruppéieren, mä mir mengen, datt mer au vu vun der Praxis dat Gesetz mussen op e puer Punkten an nächster Zäit revidéieren. Duerfir soe mer zwar Jo zum Gesetz, mä et ass en „oui, mais…".

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Elo kritt d'Regierung d'Wuert. Den Här Wirtschaftsminister Krecké, wann ech gelift.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Merci, Här President. Kolleegen a Kolleeginnen, ech wëll och lech alleguerte Merci soen. Ech mengen hei hunn d'Institutiounen alleguerten eng exzellent Aarbecht gemaach.

Ech muss lech soen, ech kéint och zréckkucken op béi Aarbecht, déi um Niveau vun der Regierung gemaach ginn ass, well et war ee vun den éischte Projete wou ech ugefaangen hunn, a wann en eréischt am November 2005 déposéiert ginn ass, dann hate mer schonn e Joer dru gedoktert. Elo sot Der mer: Majo, dann hätt Der nach solle weiderfueren!

Ech sinn der Meenung gewiescht, dass et zeideg war, well mer op enger Rei Punkten net eens gi sinn. Op Punkten, déi och hei évoquéiert gi sinn, ware mer eis op eemol net méi eens. An du war ech der Meenung, da soll een dee klenge Schrëtt maachen, dee mer hei maachen, deen a mengem Ministère e groussen ass; da soll een dee maachen, anstatt dass ee sech d'Lat erëm dohinner setzt, wou ee souwisou nëmmen drënner erduerch kënnt.

Dat war meng Approche. Ech muss allerdéngs soen, dass déi Aarbecht - ass mer bericht gi vu menge Leit - exzellent verlaf ass. Ech soen der ganzer Kommissioun a selbstverständlech ganz besonnesch dem John Castegnaro Merci.

Ech muss awer och soen, dass de Conseil d'État hei säi Rôle wierklech exzellent och gespillt huet. En huet eng ganz Rei Verbesserungsvirschléi gemaach. Et ass seelen, dass Institutiounen esou gutt zesummeschaffen. Heiansdo sinn ech och frou, wann Dir den Arbitrage bei eenzelne Saache maacht - wat Der gemaach hutt. An duerfir, muss ech soen, ass dat hei éischter e gutt Beispill.

Et sinn e puer despektierlech Remarquë gemaach ginn iwwert déi Leit vu mir, déi dorobber geschafft hunn. Ech fannen dat e bësse bëlleg. Ech muss lech soen, Dir hutt jo selwer gemierkt, wéi komplizéiert dass et war. An nach laang net jiddfereen, dee mengt, e géif richteg leien, ass och wierklech richteg.

D'Regierung mat hire Beamten huet och net gemengt, si géif alles wëssen. Duerfir, e bësse méi Bescheidenheet an där doter Saach mengen ech wier och gutt vis-à-vis vun de Beamten, déi - muss ech awer wierklech soen - net ganz vill Ënnerstëtzung soss hu fir esou e komplizéiert Gesetz. An anere Länner ginn et honnerte Leit, déi an esou enger Administratioun schaffen, fir dat do ze maachen, an déi hunn en anere Réckgrat - juristesch och - hannendrun.

Hei mussen Ingenieure sech erëmklappe mam Strofgesetz an esou weider. Ech mengen, dat ass net hir primär Aufgab, an doduerch ass dee Stat eben deen, deen en ass. Mir hunn eng ganz Rei Schwächten op deem Punkt, mä dat ass eben esou. E Land, wat déi Méiglechkeeten huet, déi mir eben net hunn, huet et méi liicht. An der Energie beispillsweis: D'Englänner hunn 1.200 Leit do schaffen, ech hunn der zéng do schaffen. D'Aarbecht ass awer bal déiselwecht, géif ech mengen.

Dat ass eben esou an duerfir bleift och Eenzelnes vläicht emol heiansdo net grad esou konkret, wéi et misst sinn. Duerfir ass och dee Problem vum Service de l'Énergie de l'État (SEE) een, wou een och net een deem anere soll e Virworf maachen. Dat hu mir net gesinn, dat huet d'Chamber net gesinn, dat huet de Conseil d'État net gesinn, dat huet keng Chambre professionnelle gesinn. Loosse mer also fei matenaner sinn a soen: Dat hu mer alleguerten iwwersinn.

Mir hunn et iwwersinn aus engem ganz einfache Grond: Dat Gesetz hei ass déposéiert ginn den eeleften 2005. An enger normaler Prozedur wier dat am nächste Joer hei ofgestëmmt ginn. Dat Gesetz, wat de Service de l'Énergie de l'État ofschaaft, ass déposéiert ginn am Juli 2006, gestëmmt ginn am Juli 2007. Et konnt een also dovun ausgoen, dass bis dohinner den ILNAS gestëmmt wär. Ech wosst och net, dass mer op esou vill Schwieregkeete géife stoussen.

Dat eent explizéiert dat anert, mä kommt, mir sinn eis eens, dat huet kee Misär gemaach, well déi Leit sinn alleguerte Fonctionnairë gewiescht, souwisou. Déi hunn also hir Aarbecht weidergemaach. Deen eenzege Problem, deen hätt kënne kommen, wär gewiescht, wann een eenzel Dispositiounen, déi ugewannt gi wieren, viru Geriicht a Fro gestallt hätt. Dat war dat Eenzegt, wat hätt kënne geschéien, mä beim Rescht war kee Problem.

Dat Gesetz hei geet iwwer Qualitéit a Sécherheet. D'Madame Flesch seet: Jo, et bleift nach munches ze dinn. Ech kommen nach eng Kéier dorop zréck.

Wa mer eis hei, wéi oft gesot gëtt, e Gesamtkonzept virgestallt hätten, dann hätte mer nach eng Kéier eng Legislatur diskutéiert; gleeft mer et. Hei ass e Schrëtt awer gemaach ginn. Ech weess net, wéi oft an deene leschten 20 Joer Administratiounen zesummegeluecht gi sinn. Wéi oft ass dat da geschitt? Kann ee mer dat soen? Eenzelner vun lech ware jo an der Regierung: Wéi vill Administratiounen hu se dann zesummegeluecht, einfach esou?

Ech ka mech net drun erënneren, dass dat oft de Fall war. En plus bleiwen hei eng Rei Administratiounen, déi behalen hir Kompetenzen. Ech hunn an der Chamber kee massiven Drock gespiert, fir dass d'Agriculture dat ewechgeholl kritt, fir dass d'Santé dat ewechgeholl kritt oder d'ITM dat ewechgeholl kritt, wat se hunn. Also kommt, mir ginn eis eens. Entweder wëllt Der, dass dat do ewechkënnt an op eng aner Plaz, an da maache mer dat, oder kommt, mir sinn hei éierlech a soen, mir sinn awer de Moment der Meenung, dass déi nach op där Plaz solle bleiwen.

Et huet kee Wäert fir allgemeng ze lamentéieren. Da soll eng Motioun heihinner kommen, déi dräi sollen zesummen an den ILNAS kommen. Da sinn ech dee Leschten, dee sech dergéint wiert. Ech sinn awer gespaant, ob eenzel Leit, déi dat hei ervirbruecht hunn, dat dann och heihinner als Motioun bréngen.

Duerfir loosse mer awer verstänneg sinn. Ech verstinn. Ech hätt och léiwer gehat, et wier alles zesummegeluecht ginn. Mä ech sinn awer scho frou, dass mer dräi Stéck zesummeleeën an dass mer der eng Rei besser koordinéieren. Kommt, mir gesinn dat als en Avantage un.

D'Madame Flesch huet gesot, eng nei Administratioun schafen, dat ass net gutt. Dach, wann een der dräi kann ofschafen. Dann, fannen ech, ass dat eng exzellent Saach.

(Interruption)

Dach, Dir hutt geäntwert. Mir schafen eng nei Administratioun - do hutt Dir gesot: Fannt Dir dat gutt?

Mme Colette Flesch *(DP).-* Jo. Dat war eng Fro.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.-* Bon. Da soen ech lech, ech fannen dat gutt, wann een der dräi ofschaaft.

Voilà, da kann ee roueg eng aner amplaz schafen.

Ech hätt och léiwer gehat, mir hätten en aneren Outil geholl. Meng éischt Propositioun war en Établissement public. Ech sinn domadder net virukomm. Dir wësst och firwat.

D'Regierung ass mat der CGFP am Moment a Gespréicher - wann een et esou wëllt hunn, et brauch een net méi ze soen - wat d'Établissements publics ubelaangt. Et ass also keen Établissement public méi säitdeem hei an der Chamber gestëmmt ginn. Keen. An duerfir krut ech och gesot, looss d'Fanger dovun ewech. Et war de Choix: Administration gouvernementale classique oder total privatiséiert.

Ech si kee Fetischist vun deem engen nach vun deem aneren. Duerfir gëtt dat heiten eng Administratioun, déi och net opgebauscht gëtt an déi scho vun Ufank u vu mir gesot kritt hunn, si misste kucken all déi Elementer, déi privatwirtschaftlech kënne geleescht ginn, a Kollaboratioun mat deenen Organismen ze maachen, déi do sinn.

Ech kéint beweisen unhand vun e puer Beispiller, dass ech dat och op anere Plaze gemaach hunn, a probéieren do, wou et méiglech ass, besonnesch do, wou och Revenuë sinn, wéi dat op enger anerer Plaz kënnen ze maachen. A wësst Der, fir déi, déi alt emol an der Regierung waren, déi wëssen, dass et den Numerus clausus gëtt.

An eleng fir net domadder geplot ze sinn, soen ech lech, sinn ech bal forcéiert dee Wee ze goen. Well stellt lech vir, ech géif elo wierklech - dat wat gefrot ass - aacht Ingenieuren hei froen. Ech kréien, en tout et pour tout, fir de ganze Ministère alt, dräi, wann et gutt geet emol eng Kéier véier Beamte bäi.

Dass ech aacht Ingenieuren op ee Coup dohinner kréien, a wahrscheinlech nach e puer Juristen, esou wéi dat gefrot ass, dat ass jo einfach net denkbar. Duerfir probéiere mer a Kollaboratioun mat der Privatwirtschaft eng Rei Saachen ze regelen, déi par ailleurs och verstännegerweis do kënne geregelt ginn.

Luxcontrol, d'Homologatiounsgesellschaft vu Sandweiler si Partner, haut schonn. Si sinn haut schonn op Missiounen derbäi, wann ech an d'Ausland ginn, well se och doraus ufänken e Geschäft ze maachen.

Ech maache mer och Suergen, mir hunn nach e Laboratoire op der Cap, fir deen eventuell zesummenzeleeën, bei CRPen a bei d'Uni; fir dat net eleng do leien ze loossen. Do schafft een eenzege Personnage an engem rise Laboratoire. E mécht seng Aarbecht exzellent. Ech froe mech zwar, wat geschitt, wann en eng Kéier krank ass. Ech wollt deen duerfir zesummeleeë bei anerer, déi am Moment um Site Belval entstinn.

Duerfir, mäi Wonsch ass wierklech fir zesummenzeschaffen, fir Saachen zesummenzebréngen, an duerfir ass et och „work in progress", Madame Flesch. Ech hunn och kee Problem. Dat wäert an nächster Zäit och nach esou weidergoen.

Ech hunn och näischt dergéint, wann d'Chamber muer am Budget d'Propositioun, déi d'Regierung mécht, unhëlt. Wann Dir mir elo aacht Leit méi gitt an och méi Sue gitt, fir dat do ze maachen, da streiden ech net mat lech. Duerfir, ech hunn domadder kee Problem, mä do setzt Der lech dann ausenaner mam Budgetsminister.

Ech ginn op e puer Froen nach an, déi gestallt gi sinn. Dat war déi, firwat dass een dat net méi privat gemaach huet. Ech hu gekuckt, déi 516 Normen, ëm déi et gaang ass 2008, déi hunn 59.000 Euro abruecht.

Mengt Dir, de Privatsecteur hätt sech gestridden, fir zu esou vill Leit dat do ze maache fir déi do Zomm? Duerfir kann een net déi Leit beschäftegen, déi noutwendeg sinn, fir heirobber ze schaffen. An duerfir, och wa mir gefrot hätten, hätt am Privatsecteur kee fir déi do Zomm dat do gemaach, oder de Präis wier drastesch an d'Luucht gaangen. Deen, dee wëllt, dass de Präis drastesch an d'Luucht geet, dee soll mer dat soen. Ech sinn op alle Fall net där doter Meenung. Ech sinn der Meenung, et muss een deen anere Wee weidergoen.

Dir hutt mech och gefrot, wou d'Reglementer dru sinn. Dat vun der Métrologie gëtt et, dat vun der Akkreditatioun, vun der Normalisatioun ass fäerdeg. Dat vun der Surveillance des marchés ass och amgaang erstallt ze ginn, ass awer nach net fäerdeg. Dat vun der Elektrizitéit muss zesumme mat der Cegedel am Moment iwwerkuckt ginn, an dat vun de Konzessioune leeft souwisou bis Enn des Joers. Duerfir dierft do kee Problem sinn an dierft och keng Schwieregkeet entstoen.

Leschte Punkt: Police - OPJ. Also, ech muss soen, an der Theorie kléngt alles gutt, wat een hei héiert. Et ass jo och richteg. Awer nëmmen an der Theorie. Ech hu Beamten, déi OPJ sinn an och geléiert OPJ sinn. Ech hunn där nach zwee, mengen ech. Déi sinn am Moment agesat bei allem, wat d'Konsumenten, d'Indication des prix an esou ubelaangt.

Mä ech muss lech soen, ech géif gär gesinn, wann een amgaange wier, eng Wo ze kontrolléieren, an da géif hien eppes gesinn, wat do net gutt ass. Il faudrait dresser procès-verbal. An da géif hien uruffen, fir dass e Polizist géif kommen, fir dee Procès-verbal ze kréien. Ech géif dat gär gesinn, ob dee géif kommen.

Loosse mer dach verstänneg sinn! Et huet dach kee Sënn, fir ze mengen, mir géife muer eng zentral Police schafen, déi all déi Saachen do mécht. Wann do een urifft, am Cactus läit e Produkt, wat net der Sécuritéit entsprécht, mengt Dir da wierklech, da géif direkt een dohinnergoe vun der Polizei, fir do e Procès-verbal ze maachen? Da geet ee vum Service de l'Énergie de l'État haut dohinner, confisquéiert et, kontrolléiert et. Dee mécht dat. Ma loosse mer dach verstänneg sinn a kommt, loosse mer et net méi komplizéiert maachen, wéi et ass!

Déi Leit kréien eng Formatioun, do ass keen Zweifel. Mä dat sinn alleguerte Leit am Prinzip mat BAC+, Eenzelner sinn Universitär. Et sinn der am Moment schonn dräi do an der Métrologie an et kommen der zwee bis dräi nach bäi. Dovun ass ee Mann, deen, deen dat Ganzt opgebaut huet, deen huet elo all déi Joren nëmmen dat gemaach. Solle mer deem elo soen, deen hätt keng Kompetenz méi, a mir bräichten elo en accréditéierte Polizist?! Ech hunn der zwee Stéck, ech kéint se matschécken. Mä déi hätte wuel ze dinn, wann déi do mat all deene Leit géife ronderëmgoen, duerch déi an der Praxis d'Surveillance vun de Marchéë muss geschéien.

Duerfir, wann ech gelift, och wann et an der Theorie richteg ass, wär ech nawell frou, wann Dir eng Kéier géift driwwer schwätzen, wéi dat do an der Praxis ofzelafen hätt.

Fir de Rescht soen ech awer Merci, wéi gesot nach eng Kéier, fir déi exzellent Aarbecht, déi gemaach ginn ass. Ech ginn zou, dass den Text wesentlech besser ginn ass wéi dat, wat e war. Et ass eng komplex Matière. Dir hutt villes dozou bäigedroen.

Ech sinn och frou, dass awer eng Meenung hei virherrscht, nämlech dass mer hei ee Schrëtt weiderkommen an dass déi eenzel Fraktiounen dat hei stëmmen.

Ech gesinn, d'Madame Flesch huet de Besoin urgent et profond, eppes ze soen.

M. le Président.- Dir hutt d'Wuert, Madame Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP).-* Här President, ech hat dem Minister eng prezis Fro gestallt an hat hie gebieden, ons ze soen, ob hie bereet ass, am Numm vun der Regierung den Engagement ze huelen, fir der Chamber d'komplett Lëscht vun den OPJen an alle Verwaltunge virzeleeën. Dorobber huet hien net geäntwert.

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.-* Ech hu kee Problem, fir dat bei mir ze maachen.

Ech weess net, Fernand, méchs du dat och bei dir?

Ech ka mech net engagéieren - ech si jo net Premierminister - fir d'ganz Regierung. Ech ka mech engagéiere fir meng Kompetenzen. Ech wäert dat also, wat meng Kompetenzen ubelaangt, maachen a wäert de Wonsch weiderreechen un d'Regierung an un de Premierminister.

Als Éischt wäert ech déi Lëscht aus dem Sportsministère eraginn. Ech kann lech elo scho soen: Et sinn der null.

(Hilarité)

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5585. Dat ass de Projet de loi ayant pour objet le contrôle des voyageurs dans les établissements d'hébergement, an d'Iwwersetzung heescht da Projet de loi iwwert d'Gestioun vun den Donnéeën am Beräich vum Tourismus. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet d'Madame Rapportrice, déi honorabel Madame Françoise Hetto-Gaasch.

4. 5585 - Projet de loi ayant pour objet le contrôle des voyageurs dans les établissements d'hébergement

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV), rapportrice.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert de Contrôle vun de Reesenden an den Établissements d'hébergement ass den 12. Juni 2006 vum Mëttelstands-, Tourismus- a Wunnengsbauminister an der Chamber déposéiert ginn.

Déi zoustänneg Chamberskommissioun huet sech fir d'éischte Kéier den 18. Oktober d'lescht Joer mat dësem Projet befaasst, nodeems de Statsrot säin Avis den 20. Mäerz ofginn hat. Opgrond vun dësem Avis huet d'Kommissioun eng Serie vun Amendementer ugeholl a se dem Statsrot den 29. Oktober 2007 ënnerbreet. De 17. Januar vun dësem Joer huet déi zoustänneg Chamberskommissioun den Avis complémentaire vum Statsrot ënnersicht an no engem weideren Amendement hu mer den 20. Mäerz...

(Interruption)

Soll ech nach eng Kéier vu vir ufänken?

(Hilarité)

M. le Président.- Ech mengen, Dir misst lech e bësse méi no bei de Mikro bécken.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV), rapportrice.-* Muss ech mech méi heidrobber leeën? Esou?

(Brouhaha général)

M. le Président.- Neen, e bësse méi nobäi.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV), rapportrice.-* Sou, elo hunn ech awer tatsächlech de Fuedem verluer.

(Interruptions et hilarité)

De 17. Januar dëst Joer huet déi zoustänneg Chamberskommissioun den Avis complémentaire vum Statsrot ënnersicht an no engem weideren Amendement hu mer den 20. Mäerz den zweeten Avis complémentaire vum Statsrot analyséiert.

Här Boden, geet dat elo esou besser?

Une voix.- Jo.

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV), rapportrice.-* De schréftleche Rapport gouf den 9. Abrëll 2008 vun der Kommissioun ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wourëms geet et dann elo an dësem Projet? D'Zil vum Gesetzestext ass et engersäits, eisem Land en effikasse System zur Verfügung ze stellen, fir d'Fluxen an d'Sécherheet vun de Reesenden ze kontrolléieren, an anerersäits soll en dozou bäidroen, valabel Statistike kënnen opzestellen iwwert d'Zuel vun den Iwwernuechtungen an all méiglechen touristeschen Etablissementer wéi zum Beispill Hotelen, Campingen, Jugendherbergen an esou weider.

En plus ersetzen déi nei Dispositiounen d'Gesetz vum 16. August 1975, dat bis haut de Contrôle vun de Reesende geregelt huet. Dëse Projet schreift sech och an déi europäesch Direktiv 95/57/CE an, déi d'Sammele vu statisteschen Donnéeën am Tourismusberäich ubelaangt an déi zënter 1996 zu Lëtzebuerg applicabel ass.

Déi Haaptconcernéiert hu sech dann och mam Inhalt vun dësem Gesetz auserneegesat. Am Virfeld hunn d'Hôtellerie, de Campingsecteur, den Tourismusministère, de Justizministère, d'Police an de Statec mateneen diskutéiert a kooperéiert, fir en Text auszeschaffen, deen deene verschiddenen Interesse Rechnung dréit.

An der Optik, fir engersäits manner administrativ Oploe fir d'Bedreiwer vun den Établissements d'hébergement ze schafen an anerersäits d'Sécherheet ze verstäerken, innovéiert dëse Projet de loi op engem spezifesche Punkt: D'Propriétairë vun Hotelen, Campingen an aneren Etablissementer, wou ee kann iwwernuechten, ginn nämlech obligéiert, Donnéeën iwwer hir Clienten ze erfaassen a se un d'Police an de Statec weiderzereechen.

Nei ass och, dass d'Membere vun engem Grupp zesummen op enger Fiche, op enger eenzeger a gemeinsamer Fiche erfaasst ginn. Dës Fiche kann elektronescher Aart sinn oder wéi bis elo ënner Pabeierform existéieren a gëtt iwwer Règlement grand-ducal definéiert.

D'Fiches d'hébergement mussen elektronescher Natur sinn, wann den Etablissement méi wéi zéng Zëmmer huet oder bei engem Camping mussen op d'mannst 25 Stellplazen do sinn. Fir all Etablissementer, déi manner Zëmmeren oder manner Stellplazen hunn, ass déi elektronesch Erfaassung fakultativ.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chambre de Commerce félicitéiert d'Auteure vum Projet de loi, well heiduerch eng regelrecht Simplification administrative ugestrieft gëtt. A si begréisst et, dass sämtlech concernéiert Acteuren am Virfeld consultéiert goufen.

Bedenken huet se just, wat d'Organisatioun vun der Erhiewung vun den eenzelnen Donnéeën ubelaangt. Besonnesch wat d'Gebuertsstad vu Gruppereesenden an d'Plackennummer vum Auto ubelaangt. De Logeur huet nämlech net ëmmer onbedéngt Zougang zu dësen Donnéeën.

A sengem éischten Avis ënnerstëtzt de Statsrot den éischten Objektiv vum Projet de loi, deen doranner besteet, de statistesche Recensement duerch d'Informatisatioun méi performant ze gestalten. Allerdéngs ass hien der Meenung, dass den Opwand, fir d'Informatiounen ze sammelen, disproportionéiert ass par rapport zum Benefiss, deen e sech um Niveau vun der Preventioun vun der Delinquenz erwaart.

Dernieft stellt déi héich Kierperschaft sech d'Fro, wéi wäit de Stat sech an d'Privatsphär vun deem Eenzelne kann amëschen, an ob de Stat sech dierft dat Recht eraushuelen, fir den Déplacement vun de Voyageuren ze iwwerwaachen.

De Conseil d'État huet och duerfir insistéiert, dass déi systematesch Kommunikatioun vun de Fiches d'hébergement un d'Police grand-ducale just dofir geduecht ka sinn, fir der Police et ze erlaben, hir divers Missiounen, wéi zum Beispill d'Preventioun, auszeüben.

Dernieft ass déi héich Kierperschaft och der Meenung, dass d'Police just déi Fichë soll zougestallt kréien, déi Persoune con-